



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Session ordinaire 2018-2019

CL/LW

P.V. J 30  
P.V. SID 12

**Commission de la Justice**

**Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense**

**Procès-verbal de la réunion du 15 juillet 2019**

Ordre du jour :

1. Echange de vues avec des anciens représentants de l'autorité de contrôle instituée par l'article 17(2) de la loi modifiée du 2 août 2002
2. Adoption du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 3 juillet 2019
3. Divers

\*

Présents : Mme Diane Adehm, M. Guy Arendt, M. François Benoy, M. Alex Bodry, Mme Stéphanie Empain, M. Franz Fayot, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, Mme Carole Hartmann, M. Charles Margue, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, M. Roy Reding, M. Gilles Roth, membres de la Commission de la Justice

M. Marc Baum, observateur délégué

Mme Diane Adehm, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Carlo Back, M. André Bauler, Mme Stéphanie Empain, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Gusty Graas, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. Marc Baum, observateur délégué

M. Eugène Berger

Mme Béatrice Abondio, Direction du Ministère de la Sécurité intérieure  
Mme Martine Schmit, Ministère de la Sécurité intérieure  
M. Luc Reding, Ministère de la Justice  
M. Vincent Fally, Inspection générale de la Police  
Mme Monique Stirn, Inspection générale de la Police  
Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle  
M. Thierry Lallemand, Collège de la CNPD  
Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD  
M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle

M. Christophe Li, de l'Administration parlementaire

Excusés : M. Dan Biancalana, Mme Viviane Reding, membres de la Commission de la Justice

M. Marc Angel, M. Dan Biancalana, M. Georges Engel, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Henri Kox, M. Georges Mischo, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure  
M. Félix Braz, Ministre de la Justice

\*

Présidence : M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice

\*

**1. Echange de vues avec des anciens représentants de l'autorité de contrôle instituée par l'article 17(2) de la loi modifiée du 2 août 2002**

Pour le premier point de l'ordre du jour, les membres des commissions parlementaires jugent opportun à ce qu'un verbatim soit dressé. Le lecteur est renvoyé au verbatim ci-joint, qui fait partie intégrante du présent procès-verbal.

**2. Adoption du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 3 juillet 2019**

Le projet de procès-verbal de la réunion jointe du 3 juillet 2019 recueille l'accord unanime des membres des commissions parlementaires concernées.

**3. Divers**

Aucun point divers n'est soulevé.

Le Secrétaire-administrateur,  
Christophe Li

Le Président de la Commission de la Justice,  
Charles Margue

La Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure  
et de la Défense,  
Stéphanie Empain

**Verbatim de la réunion jointe du 15 juillet 2019 entre la Commission de la Justice et la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense**

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Gudde Moien op deem Méindegmoien, wou mer lech kuerzfristeg zesummegeruff hunn. Wierklech en häerzleche Merci, dass mer déi Reunioun hei zustane kritt hunn, ier mer méi spéit an der Woch, wann ech de Chamber-Timing kucken, deen ass nach relativ sportlech fir vill vun eis dës Woch, an och aner Leit, eis Gäscht, hunn nach vill ze dinn. Duerfir sinn ech frou, dass mer déi Reunioun elo kënnen de Moien hunn, am Sënn och vun der Suite vun deenen Auditiounen, déi mer bis ewell haten, dass mer net eng Rupture dertëschent hunn an dass mer eis da kënnen kloer ginn iwwert d'Situatioun, wéi se an där Problematik hei besteet.

Ech wollt den zweete Punkt virhuelen, fir de Verbatim fräi ze maachen, dee virläit, vun der Reunioun vum 3. Juli. Ass dat esou an der Rei fir jiddwereen, d'Leit vun der Kommissioun?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou. Da kënnen mer deen haut am Laf vum Dag fräiginn.

An ech froen an därselwechter Logik och, an ech wëll lech domadder als Gäscht, extern Persounen vun de Commissions jointes vun der Sécurité intérieure a vun der Justiz, froen, dass mer och e Verbatim géife maache vun dëser Reunioun, fir dass mer och ... Dat ass dann déi véiert Kéier hannereneen, wou mer eng Auditioun hunn. Ass dat esou fir lech an der Rei, d'Membere vun der Kommissioun?

**(Assentiment)**

Da wäerte mer och de Verbatim hei maachen. D'Servicer vun der Chamber si bereet, och déi Aarbecht gutt a kuerzfristeg ze maachen, wéi se dat bis elo gemaach hunn. Duerfir soen ech och eng Kéier gären ausdrécklech Merci fir déi schnell a gutt Aarbecht, héchst professionell.

Mir hunn en Accord, dat heescht, et fënnt en Enregistrement statt. Et ass haart, dee ganzen Dateschutz-Kader, an aller Konsequenz, an alle Gesten, an allen Avertissementer, déi ee muss maachen oder soll maachen. Voilà!

Dass mer lech elo hei hunn, am Kader vum Artikel 17 (2) vum Dateschutzgesetz vum 2. August 2002. Ech soen och ausdrécklech Merci fir dee Rapport, dee mer e Freideg nach kruten, deen de Rescht vun der Zäit 2016, '17, '18, also bis den 19. August couvriert. Wahrscheinlech hat net jiddwereen Zäit, sech deen elo ausféierlech ganz zu Gemitt ze féieren, mä ech hunn et selwer da gemaach, eng Partie vun eis sécher och. Ausdréckleche Merci dozou! Domadder stinn dann och all déi Dokumenter zur Verfügung, déi mer brauchen, fir eis e Bild vun der Situatioun ze maachen.

An ech mengen, dee Rapport ass ganz opschlussräich. Ech hunn zwou Saachen emol zrëckbehalen, éischtens dass déi Kommissioun geschafft huet, zweetens ouni Reglement an ouni Ressourcen. Ech huelen dat eraus direkt, och fir e wéineg de Kader ze weisen, awéifern ... Et geet net duer, gesetzgeberesch tätig ze sinn, wann duerno d'Ausféierungsreglementer net kommen a Leit, déi dat zousätzlech zu hiren aneren Aufgabe maachen, dann och nach déi Aarbechte maachen an iergendzousch e Sekretariat ofzweigen, fir déi Saach hinzekréien.

Ech soen dat och, fir wa mer un déi weider Situatioun denken, wa mer e gesetzgeberesche Kader hunn, vläicht nobesseren, dass mer och dee reglementareschen Deel net vergiessen, mat deene Ressourcen, déi dann en place musse gesat ginn. Wien och ëmmer derfir zoustänneg a verantwortlech ass.

Déi Auditioun hei war och gefrot gi vun der Kommissioun, vun der Jointe hei, fir weider kënnen Informatiounen ze kréien. An ech wëll dann d'Wuert un d'Deputéierte ginn, alleguerten hei ënner eis, déi dozou Froen hunn. Ausser Dir wëllt als Autoritéit préalablement Stellung huelen, fir sief et de Rapport virzestellen, sief et iwwerhaupt Stellung ze huelen am Kader vun deenen Auditiounen, déi mer bis elo haten. Wéi ass dat vun lech gewünscht? Wëllt Der eppes aganks soen oder wëllt Der just op d'Froen äntwerten? Béides ass fir mech an der Rei a fir de Verlaf vun der Diskussioun. Gutt.

### ***(Consultation interne)***

Soss ginn ech dem Här Mosar d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, ech mengen, hei eis Invitéen hunn, bien entendu, ...

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Primautéit, jo, jo!

**M. Laurent Mosar (CSV).**- ... Mir wiere frou, wa se eis géifen eng kleng Introduktioun maachen. Wann dat awer elo net gewënscht ass, kënnen mir awer vläicht ufänke mat Froen.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Här Wivenes, wollt Der ...?

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Ech sinn net méi a Funktioun. Et ass net u mir, hei eppes ze soen.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Okay. Här Mosar!

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Merci och eisen Invitéë fir hir Disponibilitéit, fir och esou schnell hei bei eis ze kommen.

Bon, erlaabt eis vläicht fir d'Éischt awer nach eng Kéier op de Fait zrëckzekommen, datt do eng Rei vu Rapporten elo eréischt de leschte Freideg de Mëtten, kuerz virum Weekend, kuerz virun där Sitzung vun haut, um Site vun der Chamber publizéiert gi sinn. Mir sinn natierlech frou, datt dat nach virun haut de Fall ass. Mir stellen eis awer trotzdeem d'Fro, firwat datt dat esou laang gedauert huet, an haaptsächlech, firwat déi Rapporten net, wéi dat normal gewiescht wär, all Joers publizéiert gi sinn an elo eréischt eigentlech dräi Joer mateneen an engem Rapport publizéiert gi sinn. Do wärem mer awer frou, Här President, wa mer vläicht eng Explikatioun doriwwer géife kréien, well ech mengen, dat huet och fir eng Rei vu Konfusiounen gesuergt.

Dann hu mir elo ganz vill präzis Froen. Mir hunn eis och ganz genau dee Rapport ugekuckt, deen op enger ganzer Rei vu Voleten och äusserst interessant Aussoe mécht. Ech géif awer vläicht fir d'Éischt, och fir d'Verständnis, nach eng Kéier froen, wat fir eng Datebanken d'Police iwwerhaapt féiert, an och nach eng Kéier froen, ob et all déi Datebanke sinn, wou och hei vun der Autorité de contrôle e Contrôle ausgeübt ginn ass.

Erlaabt mer vläicht, se nach eng Kéier hei alleguerten ze zitieren, an da wärem mir frou, wa mer och nach eng Kéier herno géife confirméiert kréien, datt et déi doten och alleguer sinn.

Do sinn also eng Rei international gefouert Datebanken. Dat ass Interpol, Europol, Schengen, SIS II Prüm, den trilateralen Accord mat Däitschland an der Belsch an e bilateralen Accord mat Frankräich. Wat elo déi national Datebanken ubelaangt, gesi mer fir d'Éischt natierlech

déi Banque de données nominatives, déi sech och erëm aus dräi verschiddene Voleten zesummesetzt: d'Partie documentaire, d'Partie recherche, d'Partie archivage.

Dann, an ech mengen, dat ass deen, dee vläicht am meeschte Froen opwerft, dee sougenannten « Journal des incidents », wou mer awer elo geäntwert kritt hunn, an enger rezenter Äntwert op eng vun eise Question-parlementairen, datt u sech säit dem Abrëll vun dësem Joer dee Journal des incidents ersat gi wär an en tant que tel net méi géif existéieren. Do ass also, wéi gesot, eis zweet Fro: Ass dat alles esou? Sinn alleguerten déi doten Datebanken, sinn déi kontrolléiert ginn? A wat kënnen och déi Dammen an Häre Membere vun der Autorité de contrôle eis zu deene soen?

Dann eng drëtt och méi generell Fro, déi sech scho fir 2015 gestallt huet, wéi dee Rapport erauskomm ass, déi sech natierlech, a fortiori, och elo stellt bei dësem Rapport. Do gesäit een ëmmer erëm, datt do ganz vill Recommandatioune gemaach gi si vun der Kommissioun, notamment wat d'Base légale ubelaangt, wann ech elo nëmmen dee Punkt kucken, wou ëmmer erëm gesot gëtt, datt de Règlement vun 1992 manifestement net zefriddestellend wier. Et ass och ëmmer erëm op all déi Problemer vum Journal des incidents opmierksam gemaach ginn.

Do wollte mir och wëssen: Wat ass eigentlech genau de Suivi gewiescht? Well, wéi gesot, dat ass ugaangen 2015 an deem Avis. Ech hu gesinn, datt dat och elo zum Deel erëm widderholl ginn ass och an de Rapporten 2016, 2017 an 2018. Ass do net genuch geschitt? Wat ass do geschitt? Wéi ass och do konkret de Suivi gewiescht?

An dann eng lescht Fro fir elo emol an engem éischten Tour de table. Mir fanne relativ wéineg och an deene Rapporten, wat déi verschidden Delaien ugeet, wéi laang datt déi Dokumenter do kënnen gehale ginn. Ech stelle fest, datt dat generell zéng Joer sinn. Wat awer manifestement och scho verstéisst géint den Artikel 6 vum 1992er Règlement grand-ducal, wou nëmme sechs Joer virgesi waren. Hei schéngt et awer esou gewiescht ze sinn, datt et ëmmer zéng Joer waren, wou déi Dokumenter do gehale gi sinn.

Datselwecht, an do ass et nach vill méi extrem, zielt, wat dee ganze Volet Archivage ubelaangt. Do schéngt et esou ze sinn, datt iwwerhaupt keen Delai spillt, mä datt déi Donnéeën do quasiment pour une durée indéterminée souguer bis zu 60 Joer stockéiert ginn. Wou mer eis och froen: Ass dat iergendwéi konform zu iergendwéi engem Dateschutzgesetz?

Dann nach eng allerlescht Fro, och wat eis e bësse wonnert, wann een och déi verschidde

Rapporten, Avise liest, ass, an dat huet haaptsächlech mam Journal des incidents ze dinn, datt op där enger Säit ëmmer do, a Beantwortung vu Froen, eis gesot ginn ass, datt do keng Rapporten, keng Procès-verballen a Rapporten an deem Journal des incidents stockéiert gi wieren. Wann een awer elo Är Avisen, Rapporte liest, kritt een do eng aner Impressioun. A mir stelle souwisou fest, oder mir froen eis souwisou: Wéi kann an engem Journal des incidents, wéi een do kann Informatiounen eraushuelen ouni Procès-verballen a Rapporten?

Voilà, dat elo emol an enger éischter Etapp. De Gilles Roth fiert direkt hannendru virun. A mir reservéieren eis dann och nach d'Recht, fir nach zousätzlech Froen ze stellen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Roth!

**M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Déi Fro ass eigentlech déi, dat hu mer och scho schrëftlech un d'Ministeren adresséiert 2015. Dat war also dee leschte Rapport, dee vun der Autorité de contrôle, Artikel 17, disponibel war. An ech muss mech awer do uschléissen un déi Remark, déi den Här Mosar gemaach huet. Déi Rapporten 2016, 2017, déi si jo elo nogereecht ginn. Elo muss ech lech awer ganz éierlech soen, Här President, wa se schonn e Freideg op de Courrier électronique vun der Chamber gesat ginn a méindes hu mer eng Sitzung, da wier et awer vläicht, fir dee Sujet hei, och ubruecht gewiescht, dass d'Deputéierten dat per Mail kritt hätten. Zumindest déi, déi an der Kommissioun vun der Justiz respektiv vun der bannenzeger Sécherheet sinn, well wann net zoufällg e Collaborateur vun eis e Freideg den Owend nach eng Kéier op de Site gaange wier, da wiere mir heihinnerkomm a mir hätten déi Dokumenter net gehat. Esou vill och zur Transparenz!

Wat d'Froen ubelaangt, do ass eigentlech konkret ... Ech fannen, dass dee Rapport, deen d'Autorité de contrôle 2015 gemaach huet, eigentlech ganz zilféierend war, well do ass opgelëscht ginn, an ech soen dat nach eng Kéier, dass dee Journal des incidents vun der Police, dass deen net géif den Dateschutzrichtlinnen entsprechen! Ech mengen, d'Autorité de contrôle huet dat kloer gesot a si läit och do honnert Prozent richtig.

Da schreift d'Autorité de contrôle och, dass déi Journallen an all déi Rapporte sämtleche Membere vun der Police um gesamten Territoire vum Land zougänglech wieren. Schreift och d'Autorité de contrôle! D'Autorité de contrôle schreift och, dass souguer Beamte vun der Police, déi bei de SREL detachéiert sinn, weiderhin Accès zu deenen Date vun der Police hätten. D'Autorité de contrôle schreift och, dass een eng Noutwendegkeet gesinn hätt, fir eng Kéier, wann e Rapport am Kader vun enger Enquête un d'Justiz gemaach gouf, jo, dass et da keng Noutwendegkeet méi ass, fir dass déi Donnéeën nach weiderhi bei der Police stockéiert

sinn, dass se also missten do geläscht ginn.

Da schreift och d'Autorité de contrôle an hirem Rapport vun 2015, dass ee misst, limitativ, déi Agenten determinéiere vun der Police, déi Accès hätten zu där Datebank. An do ass eigentlech, déi Kärfroe waren alleguerten am Rapport vun der Autorité de contrôle 2015 schonn opgeworf. Et ass awer näischt geschitt.

An dat, wat mech, Här President, éierlech gesot rose mécht, an ech soen dat wierklech esou: Ech hunn den 10. Mee 2016 - den 10. Mee 2016! - an der Question parlementaire Nummer 190 mëndlech op der Chambertribün genau déi dote Saachen dénoncéiert, op der Chambertribün an enger Heure de questions! Ech kréien da vun der Statssekretärin, deemools der Madamm Closener, als Äntwert: „Mir hunn awer natierlech och schonns dee Volet anticipéiert. An ech sinn elo eigentlech op där leschter Ligne droite, fir deen neien Text ze presentéieren, deen eben awer och den Ufuerderunge vun där neier Direktiv Rechnung dréit.“

An do ass meng konkret Fro: Dat heescht jo implizitt, dass sollte schonns Viraarbechte gelescht gi sinn, déi 2016 am Mee, also virun iwver dräi Joer, an där leschter Ligne droit waren? An do ass da meng konkret Fro: Éischtens, wat fir eng Viraarbechte sinn dat? Ech ka mer jo bal net virstellen, dass d'Autorité de contrôle net consultéiert gouf. An zweetens: Firwat sinn déi Viraarbechten, déi op der leschter Ligne droite, also dat ass jo nach an der leschter ..., d'Madamm Arendt sëtzt hei niewent mer, dat ass wéi wa se an der leschter Kéier nach eng Kéier unzitt mam Sprint, fir dann duerch d'Zil ze lafen an dat schonn 2016. Jo, et wiere scho längst aner Kompetitiounen dann erëm ugesot ginn, an do ass strictement näischt geschitt. Soudass ech perséinlech dervun ausginn, dass, obschonns alles hei héichhelleg versprach gouf, dass, obschonns Gesetzter gestëmmt goufen, d'Police monter nach ëmmer no hiren eegene Regele vun 1992 weidergefuer ass.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Roth.

Sinn nach weider Froen elo direkt a gewënscht? Soss ginn ech der Madamm Kappweiler d'Wuert.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, ech ka vläicht fir d'Éischt emol eppes dozou soen, firwat elo gesot gëtt: „Elo kënnst dee Rapport esou spéit, firwat ass dat net éischter komm?“ Mä dat hänkt effektiv direkt zesumme mat där éischter Remark, déi Dir gemaach hutt. Déi Autoritéit ass kreéiert ginn, et gëtt jo iwverhaupt kee

Reglement. Et war virgesinn, dass et e Reglement géif ginn, wat de Fonctionnement vun där Autoritéit géif organiséieren. Esou e Reglement gëtt et net.

Déi Autoritéit huet am Fong geholl iwwerhaapt keng Ressourcen, fonctionnéiert mat zwee Leit vun der CNPD an nach ee vum Parquet général, deen dat da bei déi normal Aarbecht derbäikritt. A mat deem, wat mer an der Lescht alles haten, Reforme Casiersgesetz ëmzesetzen, dann och, wéi d'Leit vun der CNPD elo d'lescht Joers, dat neit Gesetz iwwert den Dateschutz ëmzesetzen, ass dat, fir elo e Rapport vun enger Autoritéit, déi entre-temps abrogéiert war, net als éischt Prioritéit consideréiert ginn, virun allem well mer, wéi gesot, keng Moyenen hunn, keng Ressourcen hunn.

A wann elo gesot gëtt: „Firwat war kee Suivi, firwat ass näischt geschitt?“ Et war och eng Autoritéit, déi iwwerhaapt kee Pouvoir hat, wou just virgesi war, dass een e Rapport annuel géif schreiwen. A wann ee gesäit, wat mat deene Rapport-annuelle vu virdu geschitt war, do war effektiv, dat huet kee weider interesséiert. Do war, och wa gesot ginn ass: „Mir brauchen en neie Règlement grand-ducal“, déi sinn awer net komm.

Et kann een och nach eng Kéier schreiwen, mir brauchen en neie Règlement grand-ducal, mä et ass weder d'Police, déi dee schreift, nach d'Autorité Artikel 17. Dofir, dee Pouvoir vun där Autoritéit, dee war esou minimal. Et hätt een och nach eng Kéier kënne soen: „Dat geet net esou. Et ass keng Base légale do“. Mä d'Autoritéit selwer hat jo iwwerhaapt keng Moyenen, fir dorunner iergendeppes ze änneren. Et konnt een dat just ëmmer nees schreiwen.

Duerfir, wéi gesot, et ass elo e Rapport geschriwwe ginn. D'Aarbechtskontrollen 2016, 2017, 2018 sinn effektiv gemaach ginn, souwuel beim Service de renseignement wéi bei der Douane wéi bei der Police. Dat heescht, d'Aarbecht war wuel gemaach, awer d'Urgence, fir de Rapport elo séier ze schreiwen, déi war effektiv net esou, wéi gesot, mat deene wéinege Moyenen, déi mer haten. Dir gesitt, wivill dass ..., dee Rapport ass jo effektiv relativ komplett, dat huet Zäit kascht, fir dat ze schreiwen, an da muss een och eng Kéier dozou kommen. A wann déi Leit fir aner Saache keng Decharge hunn an nach aner Saachen ze dinn hunn, ass dat wierklech net ... Dat war komplizéiert.

An ech muss och soen, dass wann elo bei der Police zum Beispill déi speziell Kontrollen, déi gemaach gi sinn ..., entre-temps, et gëtt elo gesot: „Jo, wat ass da geschitt?“ Zum Beispill de Journal des incidents, ënnert där Form, wéi e fréier existéiert huet a wou ëmmer gesot ginn ass, et ass net konform - dee gëtt et net méi. Deen ass ofgeschafft ginn. Quitte dass déi Autoritéit Artikel 17 keng Pouvoiren huet, war awer d'Police quasi asiichteg genuch. Déi hunn

awer elo ..., dat ass ofgeschaaft ginn. Dat gött et ënnert där Form net méi. Et war jo och net an der Rei.

A wa gesot gött mat der Base légale, dat Reglement vun '92, wat ëmmer nees verlängert ginn ass, wou gesot ginn ass dat geet net duer als Base légale - jo, wéi gesot, d'Police an d'Autoritéit Artikel 17 konnte jo näischt drun änneren. Mir hu keen neie Règlement grand-ducal hierkritt. A wou bis amgaange war, en neit Reglement auszeschaffen, jo, do war geschwat gi vum neien Datschutzgesetz souwisou an da wär dat net méi néideg, an do ass dee Chantier falegelooss ginn. Mä dat war awer och onofhängeg vun der Autoritéit Artikel 17.

Bon, wéi gesot. An och wat d'Accèsen ugeet, zum Beispill vum Personal vun der Police, déi detachéiert waren, dat ass effektiv och komplett op de Leescht geholl ginn. Do sinn e ganze Koup Accès suppriméiert ginn. Dat heescht, do war schonn e Suivi. An do ware mir effektiv och bei der Police a mer hunn dat kontrolléiert. Do si Leit, déi Accès haten, zu onrecht, déi hunn deen ewechgeholl kritt. Dat ass elo schonn, quitte dass mer elo iwwerhaupt näischt hätte kënnen do der Police imposéieren, mä esou hu mer awer zesumme mat der Police alles kontrolléiert. An dat hat e Suivi. Do sinn Accès suppriméiert ginn.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Kappweiler.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- ... vläicht zum ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- ... Vläicht zu deene verschiddenen Delaien an zum Archivage, dat ka vläicht den Thierry Lallemand maachen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo. Merci. Här Lallemand, wannechgelift.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Jo. Zu den Delaien, do ass et, dass si eben déi ..., also sollte suivéieren, déi vun '92, déi do drastoungen. Dunn d'lescht Joer, wou dat neit Datschutzgesetz komm ass, hu se du gesot: „Jo, mir maachen et elo op zéng Joer.“ Da kann ee sech d'Fro stellen: Ass dat ze laang? Ass dat net ze laang? Dann, wa keen Text besteet,

dat ass deen Delai, dee si sech du ginn hunn.

Am Archivage ass et och esou, do steet jo dran, 60 Joer duerno. Esou wäit si mer nach net. Si hunn 2002 ugefaangen. Mä och do wier et, wann elo e Gesetz géif kommen, dat ass jo dat wat mir och gesot hunn ëmmer. Et muss e präzisen Text kommen. Oder wann d'Police seet, als Base légale geet dat neit Dateschutzgesetz duer, da wier et um Police-Direkter gewiescht, fir dann deen Delai festzeleeën. Well dat sinn d'Regelen, esou wéi se am Gesetz stinn. De Responsable du traitement fixéiert den Delai. An do ass deen ebe fixéiert ginn.

An dat ass eben d'Fro, wou ee sech muss stellen: Muss do de Legislateur agräifen oder net? Mir hunn dat kloer gesot, dass et um Legislateur ass. Ech menge bei eisem Avis, beim Gesetz vun 2018, hu mer dat kloer gesot. A méi wéi soe kënne mir et net.

Ech mengen, wann dann de Legislateur net reagiert, dann ... Jo, da sinn déi Imprecisiounen eben do. An, voilà, wat solle mer nach soen, fir et ...

Mir hunn et gesot, wivill mol. An da schonn iwwerhaapt, d'Reglement vun '92, ech mengen, vun Ufank un, vun 2003 un hu mer dat gesot, dass den Text misst adaptéiert ginn.

**(Interruption)**

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Roth, jo. Merci, Här Lallemand.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Also ech muss lech ganz éierlech soen, dat do ass awer keng zefriddestellend Äntwert, dass een einfach seet: „Mir haten net d'Moyenen, fir dat do ze maachen.“ An: „Mir hate kee Règlement grand-ducal.“ Ech hunn elo hei um Internet, ech ginn dervun aus, dass dat déi Versioun vun dem Gesetz vun 2002 ass, ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV).- ... d'Gesetz iwwert d'Protection des données. Also huet mech elo net mam Wuert, duerfir nach eng Kéier: Et wier gutt, wa mer ëmmer déi Textes coordonnés hätten. Mä do liesen ech awer: « Le droit d'accès aux données visées au présent article », also dat ass den Artikel 17, « ne peut être exercé que par l'intermédiaire de l'autorité de contrôle. Celle-ci », an dat ass déi Autorité de contrôle, déi kritt also iwwert d'Gesetz d'Méiglechkeet: « procède aux vérifications et investigations utiles, fait opérer les rectifications nécessaires et

informe la personne concernée que le traitement en question ne contient aucune donnée contraire aux conventions, à la loi et à ses règlements d'exécution. » Ech mengen, dass dat awer kloer am Gesetz ass, wat fir eng Pouvoiren dass do sinn.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Neen. Also dat doten, deen Droit d'accès, dat ass den Droit d'accès indirect fir eng Persoun, déi mengt, si géif an deem Fichier vun der Police ernimmt ginn. Déi kann iwwert d'Autorité de contrôle nofroen: „Wat gëtt et an deem Fichier iwwer mech?“ An da kuckt d'Autorité de contrôle no fir déi spezifesch Persoun, wat et do vun Informatiounen gëtt, déi an deene Fichiere sinn, a si kuckt, ob dat konform ass an ob do eventuell eppes muss erauskommen. Mä dat ass iwwerhaupt kee Pouvoir d'injonction général. Dat do ass fir speziell Fäll, wann iergende Particulier wëllt wëssen, wat et iwwer hien an deem Fichier gëtt.

An dat geet och aus dem Rapport vun der Autoritéit Artikel 17 ervir. Där Demanden hate mer e ganze Koup. An do sinn och Kontrolle gemaach ginn, souwuel beim Service de renseignement wéi och bei der Police. An notamment huet dat ganz oft de System Schengen betraff. An do sinn och Rektifikatiounen gemaach ginn. Mä dat doten ass elo guer näischt Generelles. Dat ass wierklech fir eenzel Persounen, déi an deene Fichiere virkommen.

**M. Laurent Mosar (CSV)**.- Vlächcht eng Zwëschefro ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Kappweiler. Den Här Wivenes wollt d'Wuert.

**M. Georges Wivenes**, *ancien Président de l'autorité de contrôle*.- Jo, Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just zrëckkommen op déi Fro vum Passage vu '15, Rapport '15, an deem leschte Rapport. Ech war effektiv nach a Fonctioun bis an de Summer '16. A wann Der de leschte Rapport kuckt, deen dann de Freideg publizéiert ginn ass, op Säite 15, do hutt Der effektiv eng Referenz op e Bréifwiessel, deen ech nach deen Ablack hat, oder d'Kommissioun ënner menger Presidentschaft deen Ablack hat, mat der Police Lëtzebuerg en Relatioun mat dem Rapport vu virduer, wou mer da gesot hunn: „Wat ass geschitt op all deene Punkten?“, well mer d'Impressioun haten, et wär näischt geschitt.

An do koumen Äntwerten och, an do gëtt dat versprach, do ginn eng Partie Saache versprach, ënner anerem, datt de Journal des incidents - wat eng Geschicht ass, déi 15 Joer laang zrëckgeet, mir hu scho 15 Joer laang gekämpft do dergéint, ouni groussen Erfolleg -, wat se do wëlle maachen. An och dann, datt se do géifen deen aneren Traitement iergendwéi nei

agencéieren. Dat war Mee '16. Wat duerno geschitt ass, weess ech net méi. Mä dat war dat, wat d'Kommissioun an der éischter Halschent '16 gemaach huet opgrond vum Rapport vu virdrun, wou Kontakter gelaf sinn. Also mir hunn och nogehaakt duerno nach, fir ze kucken, datt d'Police géif déi Saache frësch organiséieren.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Wivenes.

**M. Laurent Mosar** (CSV).- Nach eng Kéier vläicht just eng ganz ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Mosar, jo.

**M. Laurent Mosar** (CSV).- ... kuerz Zwëschefro. Well Dir hutt elo gesot ..., an ech verstinnlech ganz gutt, et kritt een ee Moment vill d'Flemm, wann ee permanent Rappel schéckt, ëmmer erëm op e Problem opmierksam mécht an et geschitt näischt. Do géif ech och frustréiert ginn. Elo hutt Der awer geschriwwen an Ärem Rapport, an dat ass awer net oninteressant, Dir hätt, nodeem Der Äre Courier do gemaach hätt, am Mee 2016 hätt Der e Courier kritt vum Direkter vun der Police, dee Positioun geholl hätt par rapport zu all deene Problemer, déi do opkomm sinn. An do steet dann awer eppes ganz Interessantes, do steet näämlech dran, Dir wäert informéiert ginn, « que la police avait élaboré un nouveau projet de règlement grand-ducal sur base de l'article 17 de la loi modifiée du 2 août 2002, qui devra remplacer le règlement INGEPOL », dee vun 1992.

Wat ech awer elo net méi aus dem Rapport do eraushéieren, ass: Firwat ass dee Règlement grand-ducal dann ni geholl ginn? Well dee schéngt da just ee Moment an der Diskussioun gewiescht ze sinn, e schéngt awer ni geholl ginn ze sinn. Oder ass e geholl ginn? Dat fënnt een hei net dorauseraus.

Do wär ech awer frou, wann Der eis vläicht kéint elo méi soen. Well, wéi gesot, Dir hutt jo awer eigentlech ëmmer e Suivi gemaach. An hei gëtt eppes an Aussiicht gestallt, et ass awer net erauszefannen: Ass dee Règlement geholl ginn oder ass en net geholl ginn?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Mosar. D'Madamm Kappweiler.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo. Effektiv, do war deen ... Dee Projet ass ausgeschafft ginn. Mä herno, 2016, wéi ee bis gesinn huet,

dass do ... Do war jo entre-temps d'Direktiv 680 vun 2016 vun der EU. Dat war jo dunn offensichtlech, dass dat sech och géif op d'Datebanke vun der Police applizéieren. An dunn, wéi et sécher war, dass déi Direktiv misst ëmgesat ginn, jo, ass gesot ginn: „Dat ass jo net utile, dass mer elo nach, wa mer sollen déi Direktiv ëmsetzen, déi sech op d'Police applizéiert, fir e puer Méint en neit Reglement dann do kréien, wa mer souwisou herno mussen no der Direktiv fueren an eis un déi halen.“

Duerfir, soubal wéi bis un der Transpositioun vun där Direktiv geschafft ginn ass, déi sech och sollt op d'Police-Fichieren applizéieren, war am Fong geholl dat neit Reglement hifälleg, well jo. Et war einfach dunn hifälleg. Dofir ass net weider dorunner geschafft ginn.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Kappweiler. Den Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Mir lauschteren dat do jo no, mä wat ... Dir hutt dat jo geschriwwen. Do muss jo awer jiddweree sech bewusst gewiescht sinn, dass déi Datebanken do net dem Gesetz no géife fonctionnéieren. Wat hu si lech da geäntwert? Dir hutt jo déi Froe gestallt. Dir hutt gesot, Dir hätt déi Fro gestallt, dass vill ze vill Leit do Accès zu deem Fichier hätten. Dann héiere mir virun - wéini war dat? - dräi Wochen hei, dass de Moment nach 2.000 Leit bei der Police Accès zu deene Fichieren hunn. Ech stellen d'Fro vun de Mineuren.

D'Madamm Arendt weist mer elo, elo mussen d'Leit ... Dat musst Der lech virstellen hei, elo hu mir viru 14 Deeg derfir plädéiert, dass d'Leit e Fichier sollte vun der CNPD op hiren Internetsite gesat kréie respektiv, hate mer gefrot, an de véier Dageszeitungen, wou se eng einfach Méiglechkeet hunn (veuillez lire: elo hu mir viru 14 Deeg derfir plädéiert, dass d'CNPD e Fichier sollt op hiren Internetsite setze respektiv, hate mer gefrot, an déi véier Dageszeitungen, fir dass d'Leit eng einfach Méiglechkeet hunn), fir den Accès op hir Police-Daten ze froen.

Jo, et ass bis haut näischt geschitt. Dat kann dach net sinn. Do froen d'Deputéiert dat an enger Kommissioun. Si froen et op der Chambertribün. Da mussen elo d'Leit, d'Bierger dobaussen higoen an da musse se Petition-publicke maachen, well einfach gemaach gëtt, wéi wann näischt hei an enger Chamber géif gesot ginn. Wat solle mer dann nach maachen? Dat ass eng Chape de plomb, dat do. Dat ass eng Chape de plomb, wat hei geschitt.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- D'Madamm Kappweiler an d'Madamm Larsen.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, also ech muss soen, mat den Accèsen, wann elo gesot gëtt: „Jo, do sinn dann esou vill Polizisten, déi Accès hunn.“ Also et huet net jiddwereen Accès op alles. An ech muss soen, déi lescht ...

**M. Gilles Roth (CSV)**.- 2.000 Stéck!

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, 2.000, déi iergendeen Accès hunn. Mä ech mengen, dat ass jo och normal, dass ee Polizist awer op Donnéeën, wat zum Beispill a sengem Kommissariat oder an där Regioun leeft, kann zrëckgräifen. Et ka jo och net sinn, dass do e Polizist, deem zum Beispill op der Strooss ee kontrolléiert, keen Accès huet, keng Informatioun huet, ob déi Persoun eventuell geféierlech ass, ob déi Persoun gesicht gëtt an esou weider.

Dat ass jo awer normal, dass e Polizist Accès huet op Police-Fichieren. Ech gesi jo awer net, wat do anormal ass. Mä et ass elo net esou, dass egal wéi ee Polizist op egal wat Accès huet an elo do déi Fichiere kéint liesen, wéi wann ee moies eng Zeitung opschléit, wou jiddwereen Accès zu allem huet an egal wat gesäit. Dat ass net esou. Do gëtt et selektiv Accèsen.

Et si vläicht 2.000 Leit, déi Accèsen hunn, mä net jiddwereen op egal wat an op egal wéi engem Niveau. Dofir, déi Accèse gëtt et schonn, mä déi sinn awer esou organiséiert, dass et proportionell ass an deem entsprécht, wat fir de Service néideg ass. Anescht ka jo awer d'Police och net funktionéieren.

**M. Gilles Roth (CSV)**.- Bon.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Kappweiler. D'Madamm Larsen.

**M. Gilles Roth (CSV)**.- Ech stelle just fest, dass ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- D'Madamm Larsen huet d'Wuert.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Merci, Här President. Ech verstinn elo wierklech net, wat fir eng Fichieren d'CNPD sollt op hirem ...

***(Interruption)***

Okay, Formulaire. Ech schécken lech gär de Link, mir haten esou ee Bréif drop. Mir hunn en nach ëmmer drop. Ënner Particuliers, Vos droits, Le droit d'accès hu mer zwee Bréiwer. Deen ee fir am Kader vum RGPD un de Responsable du traitement ze schécken an deen anere Modell fir am Kader vun der Loi de transposition vun der Direktiv un de Responsable du traitement ze schécken. Déi stinn op eisem Site. An ech schécken der Kommissioun gär de Link, da kënnt Der dee vläicht un d'Deputéiert verdeelen, fir datt se gesinn, datt dat effektiv en place ass.

Merci.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Larsen. Den Här Marc Baum hat d'Wuert gefrot.

**M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Also ech fannen et net normal, datt 2.000 Polizisten Zougang hunn op Datebanken, deenen hir legal Basis net kloer ass.

***(Interruption)***

Ech fannen dat net normal. Dir hutt elo gesot: „Net jiddwereen huet an deemselwechte Mooss Accès.“ Dir hutt vu Proportionalitéit geschwat. Ech mengen, datt mer, och an der Virstellung vun der Police, déi hei virun dräi, véier Woche gemaach ginn ass, awer op jidde Fall net déi Dimensioun vu Proportionalitéit gewuer gi sinn, wéi eng Agenten dann op wat proportionell Accès hunn. Well dat bedeit jo och, datt se zu verschidde Saache keen Accès hätten. An dat géif mech awer do ganz staark interesséieren, zu wat wéi eng Beamten da keen Accès hätten, well dat ass jo dann déi aner Säit vun der Medail.

A wat mir och nach ëmmer net kloer ass an deenen Diskussiounen, ass, wéi eng Administratiounen en indirekten Accès hunn zu deenen Datebanken. Mir hate jo elo verschidde Fäll, déi genannt gi sinn, datt de Statsministère konnt nofroen, fir quasi esou e Moralitéitszeugnis vun engem Citoyen ze kréien. Deen hat sécher net, huelen ech un, en direkten Accès, mä en hat awer en indirekten Accès dorobber, well en huet dat ugefrot. Et sinn aner Fäll, datt den Haff en indirekten Accès huet, wann e Leit éiert, wann e sou ... Wéi eng sinn déi Administratiounen, déi en indirekten Accès zu deenen Datebanken hunn, wou dann d'Police Donnéeën, déi gefrot gi vun deenen Administratiounen, weidergëtt?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Baum.  
Den Här Lallemand.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Nach eng Kéier zu den Accèsen. Do war et esou, bon, wann ee kuckt, bis wéini d'Autorité Artikel 17 dat couvréiert huet, virun der Reform vum Police-Gesetz hat net all Polizist, mä just d'Officiers de Police judiciaire Accès dorobber. Wéi dat neit Police-Gesetz komm ass, d'Reform vun der Police, dunn huet op eemol - entre guillemets - „bal“ all Mënsch Accès kritt. Dat heescht, dunn ass et eropgaangen.

Mä dat heescht, déi Zäit, wou mir - bis 2018, ne? -, ech mengen, dat elo couvréieren, och dee leschte Rapport, do waren et der vill manner. A wa mer an engem Rapport hiweisen op déi aner Accèsen, op de Journal des incidents, dee konnt effektiv all Polizist am ganze Land kucken. Also dee vu Wolz konnt nokucken, wat de Polizist vun Esch fir Interventiounen hat. Well och gesot ginn ass, jo, dat misst esou sinn, fir operationell ze sinn. Mir sinn e klengt Land an hei an do.

Op Basis vun eiser Interventioun si jo dunn op d'mannst emol déi - wéi soll ech soen? - Accèse limitéiert ginn, regional nëmmen. Och do hu mer gesot kritt, jo, mä dat géif Dysfonctionnementer bréngen bei der Police, si kéinten dann net méi anstänneg schaffen. Dat heescht, si hunn eis gesot: „Jo, wann déi Accèsen net sinn, dann hu mer Problemer, fir operationell ze schaffen.“

A bon, elo si mer eben do. An ech mengen, d'CNPD huet jo den Opdrag kritt, fir elo ze kucken, en Avis ze maachen iwwert de Fichier central. An do kucke mer dat och mat der Proportionalitéit. Mir ware scho bei der Police. Ech mengen, eis Aarbechte sinn amgaangen an do wäerte mer déi Fro am Detail kucken an dann och mat enger Äntwert kommen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Nach ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo?

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Wat nach d'Accèsen, pardon, ubelaangt, do gëtt et och dat Gesetz vum 22. Februar 2018, dat regelt, wéini eng aner Administratioun kann Donnéeën vun dem Fichier vun der Police kréien, wann Enquêtes de moralité gemaach ginn. Dat ass do an deem Gesetz u sech och dann awer gekläert. An ech mengen, wann Der do

eisen Avis, also dee vun der CNPD, dann elo liest zu deem Gesetzesprojet, vun deem deemools adoptéierten, do ware mer och ganz kritesch. Mä wann ...

Mir maachen Avisen. Wa mer dann net suivéiert ginn, méi kënne mer awer och net maachen. Ech mengen, wann de Legislatueur dann awer den Text esou adoptéiert, ouni eis Recommandatiounen ze suivéieren, jo, méi kënne mer och dann an deem Sënn net maachen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Lallemang. Den Här Reding hat d'Wuert gefrot.

**M. Roy Reding** (*ADR*).- Jo, Merci, Här President. D'Madamm Kappweiler huet mat Recht, géif ech mengen, monéiert, datt et do eng grouss Absence géif gi vu Ressourcen. Ech schwätzen elo emol net vum net virhandene Reglement, mä vun där Absence vu Ressourcen. An do kann ech mech ganz gutt eraversetzen: Wat nützt Der all Pouvoir vun der Welt, wann s de net d'Mataarbechter hues an net d'Infrastruktur hues, fir ze schaffen?

An do géif ech gär ganz konkret wëssen: Ass déi Absence vu Ressourcë monéiert gi bei deenen zoustännege Stellen? Wa jo, bei wem? An ass do iergendeppes vusäite vum Exekutiv erfollegt?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Reding. Den Här Wivenes.

**M. Georges Wivenes**, *ancien Président de l'autorité de contrôle*.- Jo, Här Reding, déi ass regelméisseg monéiert gi vun 2003 un. A si ass och monéiert gi vun enger Evaluatioun Schengen, déi mer 2007/2008 haten. An do ass awer näischt geschitt.

**M. Roy Reding** (*ADR*).- Konkret: Bei wem ass monéiert ginn?

**M. Georges Wivenes**, *ancien Président de l'autorité de contrôle*.- Ma an all Rapport.

**M. Roy Reding** (*ADR*).- An ass dat schrëftlech geschitt oder ass dat just mëndlech geschitt?

**M. Georges Wivenes**, *ancien Président de l'autorité de contrôle*.- An all deene Rapporten, déi Der um Site vun der CNPD fannt. Do sinn all d'Rapporte publizéiert, déi mer gemaach hunn. Do steet dat regelméisseg dran.

**M. Roy Reding (ADR).**- An et kum ni zu enger Interventioun bei deenen Zoustännegen?

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Mä ech mengen, wann eng Kommissioun e Rapport mécht, ginn ech als ale Statsbeamten dovunner aus, datt staatlech Institutiounen esou fonctionnéieren, datt een net brauch bei d'Press ze goen oder nach eng privat Demarche ze maachen, mä datt dat duergeet, datt een dat mécht, wat am Gesetz steet.

**M. Roy Reding (ADR).**- Dat ass scho richtig. Mä et ass jo awer bemierkenswäert, datt do absolutt net reagiert gouf vusäite vum Exekutiv.

**(Interruption)**

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Jo, d'Madamm Larsen.

**Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.**- Merci.

**Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.**- U sech ass jo zum Deel och drop reagiert ginn an deem neie Gesetz elo vun 2018 iwwert d'CNPD, wou d'Attributiounen, d'Missiounen vun der Autorité de contrôle vum Artikel 17 op d'CNPD iwwerdroe gi sinn. An an deem Kontext ass och gesot ginn: „D'CNPD gëtt opgestockt, kritt méi Leit a soll dann och un deene Missiounen schaffen.“

Elo ass et esou, datt d'CNPD 80.000 Responsables du traitement a Sous-traitantë muss iwwerwaachen a potenziell aus ganz Europa kann Ufro kréien. D'Fro ass: Wëlle mir eis d'Moyenne ginn, politesch gesinn, datt mer kënnen 80.000 Responsables du traitement permanent iwwerwaachen? D'CSSF huet 900 Mataarbechter. Si hu 4.000 Clienten, déi si mussen iwwerwaachen. Do ass de Ratio vill méi grouss, wat si kënnen maachen. Mir hu gemengt, dat wär net méiglech.

Mir hu scho versicht ... Mir hunn Demandë gemaach, fir méi Personal derbäizekréien. Mir hu Programmes pluriannuels fir d'Rekrutementer gemaach, wou mer eis Missiounen dra beschriwwen hunn. A mir si mat enger Approche virgaangen, enger selektiver Approche, wéi d'Police an aner Regulateuren et och maachen, datt mer eis Secteure virhuelen, déi mer während engem Joer wëlle méi genau kucken. Dat anert Joer sinn aner Saachen drun. D'Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Ass de Wunsch do, fir alles gläichzäiteg ze kontrolléieren?

Natierlech ginn et Secteuren, déi méi wichteg si wéi anerer. An do hale mir och méi en An drop. An et ass och net esou, datt mer guer net mat der Police an un deene Matièreen déi lescht Jore geschafft hunn. Dat gesitt Der och un eisen Aarbechten.

Merci.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Larsen. Den Här Wivenes an d'Madamm Kappweiler.

**M. Georges Wivenes**, *ancien Président de l'autorité de contrôle*.- Merci, Här President. Ech wollt nach just ee Wuert derbäi soen. Och wa mer déi Moyenen net haten an d'Reglement net bestanen huet, huet dat awer d'Kommissioun 17 net ofgehalen, hir Aarbecht ze maachen, wéi et aus deene Rapporten ervirgeet.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo. Merci. D'Madamm Kappweiler.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, Merci. Ech muss soen: Datselwecht, wat d'Madamm Larsen elo sot fir d'CNPDP, dat zielt natierlech och fir d'Autorité de contrôle judiciaire. Do gëtt et jo och elo fir déi Fichieren, déi et bei der Justiz ginn, dann eng Autorité de contrôle judiciaire, déi am Fong geholl elo, fir da konform ze sinn zu der Direktiv, jo, misst fir alleguerten déi Fichieren, déi et ginn, Registeren erstellen a sech eng Prozedur ginn an definéieren, wat an deene Fichieren do festgehale gëtt a wéi d'Delaie sinn, fir dat ze konservéieren.

A vu dass zum Beispill de Parquet général an ëmmer méi internationale Konventiounen Autorité centrale ass, wou mer dann Dossieren hunn, déi mer all musse geréieren a wou mer normalerweis dann eben elektronesch Fichieren hu fir alleguerten déi verschidde Matièreen, ob dat elo d'Konventioun vu La Haye ass iwwer Enlèvement d'enfants oder iwwer Alimenten oder iwwert de Surendettement, iwwer ... Et ginn der enorm vill.

Et gëtt jo dann net just de Penal, mä et gëtt och alles vun ziville Prozeduren, vu Commerce-Prozeduren. Am Ganze gëtt et, mat all deem, wou mir entre-temps Autorité centrale sinn, iwwer 70 verschidde Fichieren. An do misst jo dann déi Autorité de contrôle judiciaire, wou dann och just e puer Leit dra sinn, déi guer keng Decharge hu fir hir normal Aarbecht, dat heescht, déi gi jo alleguerten dann nach a Sitzungen, déi si vun näischt dechargéiert, déi

misste jo dann déi Register fir alleguerten déi Fichieren do erstelle mat de Prozeduren. Wéi soll dat goen?

Bon effektiv, dat ass elo nom Gesetz vum 1. August 2018, dat ass elo zënter e puer Méint en vigueur. Mä ech mengen, et ass normal, dass, wann do keen zousätzlecht Personal ass an och vun deenen, déi et solle maachen, keen iergendeng Decharge huet, een do awer eng Zäit, loosse mer soen, dru knabbert, bis dass een dat doten alles gemaach huet.

Dofir, net nëmmen, dass dat jo alles net ka vun engem Dag op deen aneren ëmgesat ginn, mä dat do ass also an enger éischter Phas e risege Volume vun Aarbecht, wéi gesot, wou weder iergendeen eng Decharge huet nach iergendeen wou weder iergendeen eng Decharge huet nach iergendeen zousätzlech do ass. An dat ass natierlech e reelle logistesche Problem. Quitte, dass et muss gemaach ginn. Mä wéi gesot, dat kéint dann awer emol e bëssen, faute de moyens, méi laang daueren.

A wéi gesot, den Avis zu deem Gesetz hunn ech och fir de Parquet général geschriwwen, do hunn ech dat och schonn drageschriwwen. Dofir, souwuel d'CNPD wéi de Parquet général hu jiddweree fir säi Volet largement dorop higewisen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci, Madamm Kappweiler. Den Här Goergen hat d'Wuert gefrot. An den Här Mosar huet gefrot.

Ech hat mech selwer op d'Lëscht geschriwwen virdrun. An ech wëll elo asoufern ... Ech hunn zwou Froen un d'Madamm Larsen. Dir sot, Dir hutt 80.000 Clienten. An dat Gesetz vun 2018, do weess ech aus menger berufflecher Vergaangenheet, wat dat mat sech bruech huet, och fir déi ganz Wirtschaft.

Éischt Fro: Kënnt Der mer soen, dass dat - wéi soll ech soen? - proportional par rapport zum groussen Enjeu fonctionnéiert huet, dass eis Betriber konform waren, wéi d'Dispositiounen vum Gesetz a vun der Direktiv a Kraaft getratt sinn? Respektiv wann net, wou sinn d'Schwieregkeeten?

An déi aner Fro, déi ech lech gäre géif stellen: Déi Ressourcen, déi Der elo hutt, wann ech dat richteg tëschent Äre Wieder verstan hunn, ginn déi net duer. Kënnt Der eis dat bestätegen, soen? Vlächicht och an der Optik vun deene Rapporten, déi elo gefrot gi sinn?

An ech soen dat dann a froen och d'Madamm Kappweiler fir d'Leit an aner Betraffener vun der Autorité de contrôle judiciaire: Et wär vläicht, enfin sécherlech fërderlech, wa mer an där ganzer Diskussioun och eng Evaluatioun vun de Besoinen hätten. Mir sinn eis eens, dass d'Ressourcen net do waren. Mä ongeféier, dass ee weess, wat dat heescht u Leit, un Infrastrukturen, wat dann op eis - wéi soll ech soen? -, dass mer zefriddestellend kënnen an Zukunft schaffe mat deene Mëttelen, déi decouliéiere vun de gesetzlechen a reglementareschen Obligatiounen.

Madamm Larsen.

**Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.**- Jo. Merci fir d'Wuert. Dat si ganz interessant Froen. An déi Éischt war: Am Privatsecteur, waren déi Responsables du traitement prett, wéi d'Gesetz a Kraaft getrueden ass?

Ech géif mengen, do musse mer eng Distinction maachen tëschent de groussen Akteuren, déi vill Ressourcen haten, déi vill Donnéeën geréieren, déi en Drock vun hire respektive Clienten, Konsumenten hunn an déi sech jorelaang, ier d'Reglement a Kraaft getrueden ass, mat der Matière beschäftigt hunn an déi effektiv méi oder manner konform waren.

An da gëtt et, an dat ass awer vläicht de Gros vun de Akteuren, och wann hire Chiffre d'affaires net dat ausmécht, wat déi grouss zesummen ausmaachen, petites et très petites entreprises, déi gestruewelt hunn, déi am Fong d'Reglementatioun entdeckt hunn, wéi vill Publicitéit derfir gemaach ginn ass an de Méint virum Mee 2018. An dunn hate mer déi eng, déi hunn de Kapp an de Sand gestach a gehofft, datt dat un hinne laanschtzitt. An déi aner, déi versicht hunn, mat de Ressourcen, déi se haten, déi se net haten, awer nach eppes op d'Been ze stellen.

Et ware vill falsch Informatiounen ënnerwee. Et waren och vill Consultanten, déi hunn déi Nisch do fonnt, fir sech ze etabléieren. Vill vun hinnen hunn och Panik geschürt. Wat vill an de Medie war, dat waren déi grouss Strofen. Mir als CNPD hu versicht, dat e bëssen ze nuancéieren. Mir hu gesot: „Mir hëllefen Iech elo, Iech virzebereeden. Kuckt, datt Der prett gitt.“

Mir hunn e bëssen eng Period, wou mer zwar kontrolléieren, mä net onbedéngt Sanktiounen aussprechen. Sou ee Joer fir ze waarden. Déi Zäit ass elo ëm. Elo kucke mer net méi duerch d'Fangeren. A mir stelle fest, datt ganz vill Akteuren eben net prett sinn. Mä dat ass net nëmmen zu Lëtzebuerg de Fall, dat ass och a villen anere Länner de Fall.

An Däitschland ass eng ganz grouss Demande vun de petites et très petites entreprises do, fir d'Gesetz fir si ugepasst ze kréien. Well d'Charge ass ze schwéier fir si. Mä dat kann Däitschland och schlecht unilateral maachen, well hei e Règlement européen d'Veiche stellt. Et ass net den Idealfall, wéi ee sech dat kéint virstellen, datt déi Reglementatioun um Terrain applizéiert gëtt.

Wat elo eis Ressourcen ugeet, ob et duergeet oder net a wivill mer bräichten, fir eis Aarbecht richteg ze maachen: Mir sinn nach ëmmer an enger Phase de montée, an enger Phase de croissance. Mir hunn och en neit Gesetz kritt. Mir hunn e Changement de paradigme vum Contrôle a priori, wou mer ganz vill Informatioun hunn iwwert d'Demande d'autorisation an d'Notifikatiounen. Do hunn all déi Akteuren eis proaktiv informéiert a mir haten en Iwwerbléck. Mir hunn déi och all gelies. A mir konnten do agräifen, wou mer gesinn hunn, do stëmmt eppes net, a vu virera verbidden oder rektifiéieren.

Déi Iwwersiicht hu mer mat deem neie Gesetz verluer. Mir kréie keng Notifikatiounen méi eran. Mir kréie keng Demande d'autorisation méi eran. Mir müssen eis eis Informatiounen selwer siche goen. Wa mer zu all Zäitpunkt musse wëssen, wat bei all Akteur dobaussen ass an ob all Akteur zu all Zäitpunkt konform ass, da musse mer wierklech ganz, ganz, ganz vill Leit op den Terrain schécken. An da kéint ech mer virstellen, datt mer vun e puer Dausend Leit schwätzen, déi mer da bräichten als CNPD, fir eiser Aarbecht wierklech zu all Zäitpunkt kënne gerecht ze ginn an ëmmer kënne Ried an Äntwert ze stoen.

Wann et esou soll ausgesinn, neen, da si mir iwwerhaupt net do, wou mer sollte sinn. Mir kommen elo op 40 Leit. Eise Plan de recrutement ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - 40 Leit?

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*. - 40 Leit, an dovun sinn der natierlech, déi hallefdaags schaffen, déi am Krankstand sinn, wéi et bei all Verwaltung ass, déi sinn ni alleguerten zur nämlecher Zäit voll asetzbar. Eise Plan de recrutement gesäit vir, datt mer innerhalb vun dräi Joer op 62 Leit eropginn.

An eis Plan de travail gesäit vir, datt mer sektoreis virginn an, wéi gesot, d'Schwéierpunkte kontrolléieren, Audite maachen, entweder sektoriell oder no de Responsables de traitement, wéi wivill Mataarbechter se hunn, wat fir eng Zort vun Donnéeën se traitéieren. Mir hu versicht, déi ëffentlech Akteure genausou wéi déi privat Akteuren ze behandelen.

Mir hunn elo en Audit lafen, wou mer eng Problematik kucken: den Délégué à la protection des données. Dat war eng vun den Obligatiounen, déi d'Reglement, dat europäescht Règlement, mat sech bruecht huet, datt Firmen, déi vill Donnéeën traitéieren oder déi vill Leit touchéieren esou een hunn, a besonnesch am Secteur public, do muss jiddwer Akteur et hunn. A mir hunn eis 25 wierklech grouss Akteuren zu Lëtzebuerg - aus dem Secteur public an aus dem Secteur privé -erausgesicht, wuer mir Questionnairë geschéckt hunn, fir ze froen: Wou sidd Dir mat där Problematik drun? Do war och ganz vill Guidance am Ufank disponibel, soudatt déi Responsables de traitement sech konnten drop virbereeden.

Mir kucken dat elo en profondeur, déi Problematik, a versichen dat herno, d'Lessons learned, déi mer do hunn, als Recommandatiounen ze gi fir déi, déi nach net esou wäit sinn. An dat war elo eis Virgoensweis, déi mer ugeholl hunn. Mä wann et politesch anescht gewënscht ass, da geet et net duer.

Merci.

**M. Charles Margue** (déi gréng), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci villmools fir déi ausféierlech Informatiounen. Madamm Kappweiler, Dir wollt ... oder net?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, ech kann dozou just soen, wat elo de Besoin en ressources ugeet, dass et effektiv jo an enger éischter Phas, wéi gesot, elo wou een déi ganz Registeren do muss opstellen an déi Prozeduren do muss definéieren, dass et natierlech elo an där Phase d'attaque ass, wou ee wierklech méi Leit misst hunn. An da musse mer och d'Kontrakten, zum Beispill mat eise Sous-traitanten, änneren. Well mir hunn een eenzegen hausinternen Informatiker an da gräife mer oft op d'Informatiker vum Centre informatique zrëck an dann hu mer awer och privat Firmen, déi eis Informatiker zur Verfügung stellen. A fir elo konform ze si mam Gesetz vun 2018, misste mer déi ganz Kontrakten och ëmänneren. Do misst jo awer och ... Wéi soll ech soen? Dat kascht jo och elo e bëssi Zäit.

An och, wa bei deene verschiddene Fichieren, wou een elo muss Regëstere maachen a sech Prozedure ginn, da verschiddener sinn, déi ee vläicht ..., wou et just drëm geet, wou just d'Dossiere méi kuerzfristeg geréiert ginn, do kann ee vläicht oft déi äänlech Prozedur, also déiselwecht Prozedur fir verschidde Fichieren applizéieren. Mä da sinn et awer anerer, aner Fichieren, déi sinn nees komplett anescht. Zum Beispill hu mer dann de Répertoire civil, wou fréier just d'Régime-matrimoniallen, also d'Contrat-de-mariagen agedroe gi sinn a wou d'Tutellen agedroe ginn an d'Curatellen, a wou dann och elo nach d'Partenariater agedroe

ginn. Mä dat ass da schonn alles an engem Fichier, esou vill verschiddenen Zorten Dossieren, wou een awer vläicht aner Délais de conservation och huet. Dann ass et schonn innerhalb vum selwechte Fichier méi komplizéiert, well ee ganz ënnerschiddlech Informatiounen huet.

Wéi gesot, quitte dass ee verschidde Prozedure vläicht einfach tel quel fir e puer Fichiere kann applizéieren, gëtt et awer aner Fichieren, wou et schonn an deemselwechte Fichier méi komplex ass wéi dat. An all dat, géif ech mengen, dat brauch Zäit.

Ech sinn och dofir also net der Meenung, dass ee fir all Fichier eenzel misst e separat Gesetz hunn, well soss ... - schonn eleng bei de Fichiere vun der Justiz an déi 70! -, also wann een heibanne mengt, et misst ee fir all Fichier e Gesetz maachen, da gären, awer da bonne Chance, well dann, dat ass richtig vill Aarbecht! Wéi gesot, bei eis ass et awer och net méiglech mat deene Leit. Wéi gesot, vu dass do keen zousätzlech bäikomm ass, nach iergendeen eng Decharge huet, ass et mat deene Leit, déi awer normal Sëtzungen an esou maachen, déi dat doten elo nach niewebäi souzesoe solle maachen, schwierig.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Villmools Merci. Et gëtt mir ëmmer méi kloer, wéi komplex dat ass. Den Här Goergen hat d'Wuert gefrot, an den Här Bodry dernieft och duerno. An den Här Back.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci fir déi vill Erklärungen. Do ass elo erëm vill Interessantes derbäi gewiescht, dat ee muss verdauen. Mir schwätze jo - virdrun ass dat erëm eng Kéier ugeklongen - vun deenen 2.000 Leit. Wär et do méiglech, och wa vläicht d'Kommissioun dat ufreet, dass een eng genau Unzuel eng Kéier kritt, wéi eng Persounen Zougang hunn, wéi eng Servicer, wat hir Aufgabe sinn, fir dass mer awer do emol en Iwwerbléck kréien. Mir schwätzen ëmmer vun iergendenger Zuel, mä dass een do eng genau Lëscht géif kréien, mat wéi enge Servicer wat wou méiglech ass.

Dann, deen Zougang: Dir schwätzt de ganzen Zäit vun archivéieren. Mä et ass nach ëmmer onkloer, wéi laang elo déi Logfiles, dass een iwwerhaupt dat kucke war, do waren. Déi eng Ausso war elo dräi Joer. Ass dat nach ëmmer esou? Heiansdo kënnt eng Ausso, et wär d'Liewensdauer vum Dokument, wat jo besser wär. Mä wéi et schéngt, sinn et awer am Moment just déi dräi Joer, wou d'Logfiles gehale ginn an deene Casieren.

Dir hutt elo gesot: „Et gi verschidde Benutzerebenen am Programm bei der Police.“ Wann ech mech richtig erënneren, an där alleréischter Kommissiounsitzung, déi mer haten, do war gesot ginn, déi informatesch Mass géif et am Moment nach net zouloossen, dass ee verschidde

Berechtigungen hätt. Dat heescht, dass e Polizist, wann en eng Kontroll mécht, eigentlech alles géif gesinn, an dass se awer do géifen dru schaffen, mä et wär nach net do, fir do déi Benutzerebenen anzebauen an do déi Maueren dertëscht, wat ee gesäit. Wësst Dir do vläicht scho méi?

An dann déi aner Fro: Et ass effektiv esou, esou e Formulaire ass ganz flott. Dofir hunn och mir op piraten.lu dee schonn zur Verfügung gestallt. An de Chaos Computer Club Lëtzebuerg ass nach méi wäit gaangen: Do hutt Der en interaktiven, do braucht Der just Numm an Adress anzeginn an da kënnt dat automatesch eraus. Et ass awer och esou, dass d'Police elo deenen éischte Leit geäntwert huet, dass dat zwee Méint brauch, wat jo laut Dateschutz ..., eigentlech misst ee méi schnell äntweren. Mä ech huele jo un, dass wahrscheinlech elo deen Delai nach eng Kéier wäert do an d'Luucht goen. Wéi ass et do mat de Gesetzer? Leie se do dann nach ëmmer am Reglement, wann elo d'Delaien wäit an d'Luucht ginn?

Merci.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Goergen. Här Lallemand.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Wat d'Delaien ubelaangt, do ass et esou, dass am RGPD drasteet, dass de Responsable de traitement ee Mount Zäit huet. Wann e méi laang Zäit brauch, muss en innerhalb vun deem Mount Bescheed soen, dass e méi laang Zäit brauch. Da kann e bis dräi Méint eropgoen. Dat ass awer am RGPD. Wat elo de Policefichier ubelaangt, do steet keen Delai am Gesetz. Dat heescht, wann Der sot „ee Mount“, do steet keen Delai am Gesetz dran am Moment.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Dat heescht, d'Police kéint een eigentlech vertréischten: „Mir brauche sechs Méint“, „zwielef Joer“ ...?

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Jo, bon, da seet ee sech: „Dat ass keen Délai raisonnable.“ A wann dat dann net an enger, wéi soll ech soen, innerhalb, loosse mer emol soen, da vun dräi Méint géif geschéien, da kann een dann awer bei eis kommen an da kucke mir dann. Da kënne mir nach ëmmer ..., also nohaken.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Madamm Larsen.

**Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.**- Jo, Merci. Ech géif gär kuerz op de Fichier nach eng Kéier agoen an d'Aarbecht, déi d'CNPD elo mécht. Ech hat déi leschte Kéier gesot, mir wélten net gär iwwer eis aktuell Arbecht schwätzen. Ech maachen dat och nach ëmmer net gär. Mir sinn amgaang, eis déi Saach unzekucken.

Mä ech kannlech awer soen, datt mer bei d'Police waren. Et ass net déi éischte Kéier, mä elo hu mer eis de Fichier central méi genau ugekuckt. Mir haten d'Informatiker op der Plaz. Si konnte Loggen akucken, si konnten Accèsen akucken. Mir wëssen, datt zum Beispill am leschte Joer 1.700 Leit op Dossieren zougegraff hunn. A mir hunn och eng Andeelung, wat fir eng Zort Leit wéi oft zougegraff hunn. An déi Saache wäerte mir alleguer an eisen Avis abauen an och da Recommandatiounen ginn, ob et sënnavoll ass, eng Grupp Leit vläicht anzegrenzen, oder net. Wivill dovun elo ka public gemaach ginn, ech denken, do musse mer eis nach an der Kommissioun concertéieren, an och eventuell mat der IGP, well mer och wëlle vun deenen nämlechten Informatiounen agoen an op deenen nämlechte Basë schaffen.

Merci.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Merci. Den Här Bodry.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo. D'Diskussioun ass, mengen ech, ganz interessant, well se och, wa mer e bësse versichen, eis allgemeng Konklusiounen ze zéien, op d'Schwaachstellen hiweist vun de ganze legislative Prozeduren, och vun der Kontrollfunctioun vum Parlament, a villes méi. Hei si mer am classesche Fall, wou zënter 2002 - net elo zënter 2015, d'Zäitrechnung fänkt net 2015 un, d'Zäitrechnung fänkt mindestens 2002 un, mam Gesetz vun deem Joer - gewosst ass, dass mussen Ausféierungsbestëmmungen kommen, wou och d'Chamber dat wousst, wéi se d'Gesetz 2002 gestëmmt huet, a wou déi Ausféierungsbestëmmungen ni komm sinn. Dat geet drolechterweis u bei der Autorité de contrôle selwer, déi natierlech konnt schaffen opgrond vun der Basis vum Gesetz selwer, mä wou awer do och obligatoresch e Règlement virgesinn ass.

Et ware vill där Reglementer virgesinn. Déi sinn net geholl gi vun 2002 aus un. Dat soll eis als Chamber, mengen ech, an deene rare Momenter vu Stärkt erëm eng Kéier drop hiweisen, dass mer solle verlaange vun der Regierung, dass zumindest bei den Debatten an der Chamber déi Règlements d'exécution, déi obligatoresch sinn - net déi fakultativ, déi obligatoresch sinn -, mussen zumindest sous forme vum Projet der Chamber virleien.

**Une voix.-** Très bien !

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat schéngt mer eng Règle de bon sens ze sinn, déi mer heiandsdo opgräifen an dann erëm ganz schnell vergiessen. Et muss systematesch, mengen ech, de Fall sinn. Wann e Gesetz obligatorescherweis e Règlement grand-ducal virschreift an eigentlech dat Gesetz och net kann uerdentlech applizéiert ginn, wann de Règlement grand-ducal net en vigueur ass, wann d'Gesetz en vigueur trëtt, dann ass et fir mech selbstverständlech, dass zumindest muss de Projet de Règlement grand-ducal der Chamber virleien, wa se - dat ass de spéitsten Zäitpunkt och - d'Debatten an der Chamber selwer féiert. Soss kann dat doten net opgoen. Dat hu mer eis schonn x-mol virgeholl. Heiansdo hu mer et verlaangt, awer et ass leider net d'Regel. Dat schéngt mir immens wichteg ze sinn.

Dat Zweet ass: Wa mer Kontrollinstanzen asetzen iwwert d'Gesetz - well mir stëmmen nach ëmmer d'Gesetz am Endeffekt, och wann d'Regierung d'Gesetz an der Regel proposéiert - , da musse mer derfir suergen, dass opgrond vun där Aarbecht, déi op déi Autoritéiten duerkennt, se och d'Mëttel kréien, fir déi Aarbechten auszuféieren. Et bréngt näischt, Organer anzesetzen, ech géif soen, déi liicht kopflasteg sinn opgrond vun hirer Zesummesetzung, wou Leit ès fonction dra sinn, déi x aner Saachen ze maachen hunn! Da soll dat Gremium dann dat sinn, wat dagdeeglech déi Kontroll mécht! Dat ass jo net dran. Dat muss jo schifgoen! Also musse mer eis selwer ëmmer d'Fro stellen, wa mer Kontrollorganer asetzen an d'Kontroll ass eis wichteg, da musse mer mat derfir suergen - dat heescht, et ass net verbueden, dass d'Regierung sech déiselwecht Froe stellt -, da musse mer mat derfir suergen - mir stëmmen awer herno den Text! - also mat derfir suergen, dass déi Kontrollorganer och déi Mëttel kréien, fir hir Aufgab ëmzesetzen.

Et ass eng Initiativ komm virun enger Rei vu Jore vum Bureau, fir ze soen: „Kommt, mir kucken all déi Règlement-grand-ducalle no, déi ausbliwwen sinn!“ Dat hei ass elo ee Beispill. Et ginn der vill, vill méi. An déi Lëscht ass erstallt ginn. Wat hu mir selwer als Chamber mat där Lëscht gemaach? Jiddwereen dierf selwer d'Äntwert ginn, wat mer domadder gemaach hunn. Dat heescht, et ass do ugefaange ginn, an op eemol ass dat Ganzt erëm eng Kéier versuppt an deem Ganzen. Ech mengen, mir sollten déi Aarbecht do erëm ophuelen a mir sollten da virun allem emol an Zukunft systematesch drop pochen, dass déi Ausféierungsbestëmmunge kommen, a selwer Suerg droen, dass mer och Mëttel virgesinn, fir déi Saache kënnen ëmzesetzen.

En anert Beispill kenne mer, de Service de renseignement, deem ass jo och ënnert d'Kompetenz vun där aler Kommissioun gefall. Do hate mer e Gesetz vun 2004, do ass bis

zum neie Gesetz ni dat Reglement geholl ginn, wat sollt geholl ginn. An duerno ass un engem neie Reglement geschafft ginn - dat kann ech da bestätegen, well regelméisseg awer Rapport gemaach ginn ass an der Kontrollkommissioun dozou. A wéi se sech eens waren, an déi Referenz gëtt jo hei gemaach, wéi zweemol eng Navette komm ass, zweemol eng Navette mam Statsrot komm ass, dunn huet de Statsrot a sengem leschten Avis gesot, dat war 2018: „Majo, mir weisen awer eigentlech drop hin, Dir braucht kee Règlement grand-ducal méi, well elo gëtt et dat neit Gesetz, dat gesäit am Fong Règlement-grand-ducallen net méi vir.“ A mir hunn och mat derfir gesuergt, dass am neie Gesetz Règlement-grand-ducallen net méi virgesi sinn, soudass also déi Fro vun Texter do an engem aneren Moos stellt an d'ganz Responsabilitéit op de Responsable de traitement elo iwwergeet.

Wat interessant wär: E Wuert och nach zu de Rapporten, well dat kann een och verallgemengeren. Wivill Instanze ginn hei ëffentlech Rapporten all Joers? Wie liest déi Rapporte bei der Regierung? Wie liest déi Rapporten an der Chamber a soss enzwousch? Dat ass e ganz seriöse Problem, dee mer och hunn - ech soen ëmmer: « trop de rapports tuent le rapport » -, dass een herno esou vill Rapporten huet. An en fait féiert dat dozou, dass eigentlech déi Rapporten do net déi Opmierksamkeet kréien, déi se eigentlech missten hunn. Well och virum Rapport 2015 sinn et scho vun 2003 u Rapporten ginn, déi op äänlech Saachen higewisen hu wéi 2015.

Et ass also och e Problem, wéi mir do als Chamber ..., wéini dass mer Rapporte verlaangen, ob mer et do maachen, wou et wierklech Sënn mécht. Ech mengen, dass et hei Sënn mécht, wëll ech allerdéngs soen, dass eng Autorité de contrôle soll e Rapport maachen. Mä da musse mer och derfir suergen, dass och e Suivi vun deene Rapporte kënnt, well soss brauche mer déi Rapporten do net virzegesinn. Dann hu mer eis e gutt Gewësse gemaach an et passéiert näischt.

Also ech mengen, et kann ee vill ..., et soll ee spezifesch Konklusiounen zéie fir dës Situatioun. Mä ech mengen, mir mussen awer och fir d'gesamt Aarbecht - wéi mer eis organiséieren, wéi mer als Chamber u Saachen eruginn - allgemeng eis verbessern an eiser Virgeeënsweis an deenen eenzelne Punkten.

Wat fir mech awer och wichteg wär, dat ass, dass mer deen - da misst ee sech eigentlech un d'Police wende respektiv un den zoustännege Ministère -, dass mer dee leschte Projet de règlement grand-ducal, deen d'Police ausgeschafft huet, deen awer ni da bis un d'Enn gaangen ass, dass dee géif der Chamber vläicht zur Verfügung gestallt ginn. Do gesäit ee jo, wat hir Iwwerleeung zumindest war, vum Ministère respektiv vun der Police. Ech denken, dass

awer d'Police do staark matschafft. Mir gesi jo hei zu Lëtzebuerg, dass oft déi Verwaltung ganz staark matschafft, déi betraff ass vun deem, wat se soll da geregelt kréien. Dass een eng Kéier gesäit, wat deemools d'Iwwerleeunge waren. An da gesäit ee jo - ech huelen un, dass déi plus ou moins och elo an der Praxis vun hinnen ëmgesat ginn -, wat se deemools wollte maachen, an dass mir dat eng Kéier ukucken, wat se beabsichtigt hunn a wat do vun eis als richtig fonnt gëtt a vun eis net als richtig fonnt gëtt. Da musse mer déi Diskussiounen féieren.

Also ech mengen, et wär wichteg, wann een déi doten Dokumenter hätt, da weess ee schonn, a wat fir eng Richtung dass et geet.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Dat heescht, déi Virleeferdokumenter, déi net ...

**M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Jo.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- ... voilà, wat ugeduecht gi war, wat d'Philosophie war ...

**M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Da gesäit een emol, wéi dat fonctionnéiert.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- ... a wat implizitt d'Praxis vläicht war.

**M. Alex Bodry** (*LSAP*).- De Problem ass, mir hu wéineg Texter fir de Moment, muss ech ganz éierlech soen. Mir hu wéineg Texter elo, wéi d'Police - mir hunn Angabe kritt allgemeng -, mir hunn awer wéineg Texter, wéi dat elo intern gehandhabt gëtt. Do misst jo intern eng Circulaire oder iergendeppes bestoen, e Vademecum oder wéi se et och ëmmer nennen, wat dann u sech fir d'Responsables de traitement virgesäit, wéi se elo un hir Datebanke ginn, wat hir intern Regele sinn, déi se do applizéieren. Dat misst et och an der Justiz ginn, dat misst et eigentlech an all Domäne ginn, wou Datebanke sinn. Do misst et dat dote ginn.

Nach eng lescht Fro: Mir ass opgefall, d'Justiz ass elo net betraff hei. Wien huet dann elo ... Ënnert dem Gesetz vun 2002, déi Datebanke vun der Justiz, sinn déi ënnert d'CNPD gefall oder war do näischt oder eppes anescht virgesinn?

**(Brouhaha)**

**Une voix.**- Wou koume se un déi Fro?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Lallemand, wannechgelift.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Neen, dat ass ...

**(Interruptions)**

Et war virgesinn, dass och dann d'Justiz, also d'Juridictionen, géife kontrolléiert ginn. Mä do ass awer en Artikel 8 erakomm, wou da gesot ginn ass: „Alles wat d'Justiz mécht, do ginn d'Regele vun de Codes de procédure an aneren Texte-spécialle suivéiert.“ A wann ee jo weess, dass an deenen Texter net onbedéngt eppes iwwer Dateschutz drasteet ... Mä dat ass esou, wéi d'Gesetz deemools gestëmmt ginn ass.

**M. Alex Bodry** (*LSAP*).- D'2002er Gesetz?

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Jo.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- D'Madamm Kappweiler an d'Madamm Larsen.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, wann ech dozou eppes ka soen: Effektiv ass et erstaunlech, wann ee kuckt, zum Beispill déi éischt elektronesch Fichieren, déi mir am Fong geholl haten, notamment um Niveau Parquet, dat war jo dann déi berüümte Chaîne pénale do, déi Ju-Cha. Dat war jo dann ugaange mat engem Reglement den 13. Juni 1988, wou dann, jo, wéi bei all Règlement grand-ducal, do gouf et en Avis vun der Commission consultative um Dateschutz. Dat war deemools nach opgrond vum Gesetz vun 1979. Dat war dann och, dee Reglement war am Mémorial publizéiert.

Spéiderhin, wéi dat Reglement ofgelaf ass, ass dunn en neit Reglement komm de 26. Mäerz 1994, déiselwecht Prozedur: nees Avisen ageholl ginn, Avis vum Statsrot an esou weider, Publikatioun am Mémorial. An déi Reglementer, déi waren alleguerte relativ präzise, wou et virgesi war, wat fir Donnéeë dierften enregistréiert ginn. Déi waren da mat verschiddene Sous-rubriquen an esou weider. An herno, 2002, war op eemol den Text vill méi kuerz a knapp, am Genre dann: Wann alles konform ass zu deene verschiddene Coden - Code pénal, Code

d'instruction criminelle an esou weider -, dann ass alles an der Rei. Dat heescht, do war all Detail fort an och all Autorité de contrôle, muss ech feststellen.

Déi Datebanken, déi et awer virdrun ënnert deene méi détailléierte Reglementer vun 1988 u ginn ass, déi hunn natierlech awer weider fonctionnéiert ënner genau deeneselwechte Konditiounen. Quitte dass en fait jo déi Reglementer do abrogéiert waren, ass sech awer trotzdeem weiderhi strikt dru gehale ginn, et ass näischt zousätzlech derbäigefléckt ginn, bon, well ee gemengt huet, dat wär awer elo indezent, fir iergendeppes drun ze änneren. Mä déi hunn awer trotzdeem weider geneesou fonctionnéiert.

Ech muss och soen - den Här Bodry huet virdu gesot « Trop de rapports tuent les rapports ! » - ech muss soen, ech hat den Avis geschriwwe vum Parquet général iwwert dat Gesetz, wou d'Direktiv elo ëmgesat ginn ass, an dat war en Avis vum 1. Dezember 2017. Do hunn ech awer, notamment op der Säit 6, geschriwwe vum Ju-Cha, chaîne pénale. A menger grousser Naivitéit hunn ech gemengt, vu dass dat jo op Reglementer baséiert, déi ëmmer schonn am Memorial publizéiert waren, do wéisst jiddwereen am Haus, wat dat wär. Ech muss soen, ech war dofir paff, wéi ech héieren hunn, dass anscheinend Leit waren, déi nach ni eppes dovun héieren haten.

An ech muss soen: Wann de Parquet général eppes wéilt verstoppen, hätt ech et a mengem Avis wahrscheinlech jo net ernimmt. Mä effektiv, dee Ju-Cha, chaîne pénale, fonctionnéiert haut nach ëmmer, wéi e vun 1988 u fonctionnéiert huet, ënner genau deeneselwechte Konditiounen, a wéi gesot, do ass wierklech näischt versicht ginn ze verstoppen, mä eng Autorité de contrôle gouf et net. Dat war am Gesetz vun 2002 ausdrécklech net virgesinn.

**M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.** - Dat heescht, et ass eng Praxis entstanen, déi weider gelaf ass, voilà, fir seng Aarbecht kënnen am Alldag ze maachen.

D'Madamm Larsen hat d'Wuert och gefrot.

**Mme Tine Larsen, Présidente du Collège de la CNPD.** - Jo, Merci fir d'Wuert. Jo, effektiv, ech hat gëschter nach den Avis vun der Madamm Kappweiler vum Parquet général zum Projet de loi 7168 gekuckt. An do sti scho vill Äntwerten dran zu deene Saachen, déi am Moment diskutéiert ginn, am Document parlementaire zu deem Projet de loi, wat herno d'Loi de transposition vun der Direktiv Police/Justice ginn ass. Dat ass d'Dokument Nummer 2. Do sinn Avisen dra vun all de Juridictiounen um Parquet. Do gi ganz vill Froen opgeworf an och diskutéiert. Dat ass en interessant Dokument.

Ech wéilt awer gär nach zwee Wuert soen, et kéint ee mengen, zur Aarbecht vun der Police, mä am Fong ass et just, fir ze weisen, wéi d'CNPD fonctionnéiert a wéi mir eis Avisen ugin. Mir ware jo bei der Police. Mir hu ganz vill Informatiounen gefrot. Mir hunn zum Beispill och de Registre des traitements vun der Police gefrot, dee mir och iwwermëttelt kruten.

Ech wëll elo net soen, wat do drasteet oder wivill Traitementer si hunn. Mä e läit vir, mir hunn e kritt. Mir analyséieren deen elo, a mir hunn d'Police natierlech och gefrot: Wéi fonctionnéiert Dir dann intern? Wéi vermëttelt Dir Äre Leit, wat fir eng Fichieren Dir hutt? An d'Police schafft de Moment un zéng Instructions internes zu zéng verschiddene Fichieren. Zwee dovunner sinn souwäit fäerdeg, déi aner sinn „sur le point d'adoption“ vun der Direktioun vun der Police.

Mir hunn och gefrot, wéi et ass mat der Formatioun am Dateschutz an eben och iwwert d'Utilisatioun vun de Fichiere bei den neie Memberen an d'Formation continue bei der Police. Dozou krute mer och Informatiounen. A mir sinn amgaangen, dat alles auszewäerten.

Merci.

**M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.**- Merci villmools. Den Här Back war elo drun, den Här Mosar kënnt duerno, an dann den Här Kartheiser an den Här Baum.

Här Back.

**M. Carlo Back (déi gréng).**- Jo, villmools Merci. Och ganz interessant, elo mat der Zäit gesäit een elo schonn ëmmer méi doduerch, wat dann elo Sache ass, wat den État des lieux ass an och, wou d'Problemer sinn. Ee Problem natierlech, deen och ugeschwat gouf, an ech mengen, dee mer all deelen, ass den Thema vun 2.000 Polizisten, wann ech dat elo mol esou vulgariséieren, déi anscheinend Accès zu allen Informatiounen hunn. Dat ass dat, wat elo virun enger Stonn gesot gouf, an all déi Reuniounen virdrun och: 2.000 Poliziste kënnen quasi alles kucken.

Elo héieren ech awer schonns, datt dat e bësse méi differenzéiert ass. An ech denke virun allem no vir. Ech sinn nei hei an deem heite Veräin, an ech versichen ...

**Une voix.**- Deem heiten Haus.

**M. Carlo Back** (*déi gréng*). - An ech versichen - jo, an deem heiten Haus - ech versichen awer, elo no vir ze kucken an ze soen: Wéi kënne mer dat do ënner Kontroll kréien, wéi kënne mer dat do elo léisen, datt dat och wierklech nohalteg ass, datt mer net mussen an zwee oder dräi Joer erëm eng Kéier erëmkommen?

An eise Minister vun der Polizei, den Här Bausch, huet jo och gesot, hie géif sech där Saach unhuelen an och versichen, eng Léisung ze fannen, déi dem Dateschutz gerecht ass. Dat ass eng vun den Obligatiounen, mengen ech. Mä dat anert huet en awer och gesot, an dat schéngt mer och ganz kloer ze sinn: Dat Ganzt muss herno nach operationell sinn, an d'Madamm Kappweiler huet dat och virdrun erwäänt. A wann ech richtig verstinn, ass d'CNPD jo och scho bei der Polizei gewiescht. An ech wëll elo net der Madamm Kappweiler, der Madamm Larsen an och net dem Här Lallemand soen, wat si solle maachen.

Mä wat awer wichteg ass ze wëssen herno: Wéi fonctionnéieren dann elo déi Fichieren? Well déi éischt Informatioun, déi d'Madamm Larsen ginn huet, déi schéngt mer och kloer ze sinn: Dat ass méi differenzéiert. Do sinn eng Rei Polizisten, déi hu wahrscheinlech Accès zu deem Totalen, anerer hunn do manner Informatiounen.

Bon, déi Fichieren, déi si strukturéiert, denken ech mer mol, fir datt dat och alles méiglech ass, well wann Der just PDFen do erageheit, da gëtt et ganz schwierig. Mä wéi gesot, ech hoffen awer, an dat wier wichteg, datt Der an Ärer Aufgab eis géift soen, wéi déi Fichiere strukturéiert sinn, a wéi een dat da kéint erlaben an enger neier Gesetzgebung, an engem Reglement eben, wou mer, wéi den Här Bodry et och erkläert huet, nach ëmmer e bësse schwach sinn. Mir hunn ee Gesetz, an d'Reglement, oder de Projet de règlement, misst mam Gesetz geliwwert ginn, wat net ëmmer de Fall ass.

Bon, dat wëlle mer jo elo hei léisen. Also, wat wichteg wär ze wëssen, wär, wéi déi Fichiere strukturéiert sinn a wéi een dann do eventuell eng „information plus différenciée“ un d'Poliziste kéint ginn. Well nach eng Kéier: Déi mussen um Terrain jo operationell sinn, a wann déi an eng Situatioun erakommen, déi schwierig ass, déi delikat ass, da si mer jo all d'accord, datt mer net wëllen déi Polizisten do an eppes eraschécken, wou se net wëssen, wat lass ass. Datt se sech virdrun informéieren, dat schéngt mer jo kloer ze sinn, an datt se vläicht soen, datt se do musse Verstärkung ruffen, schéngt mer och evident. Well ech wëll jo net hunn, an ech hoffen, kee vun eis, datt engem Polizist do eppes geschitt, wann een dat hätt kënne verhënneren.

Also, fir déi zwou Saachen, den Dateschutz an dann awer och d'Operationalitéit en vue ebe vun där Gesetzgebung, vun deem Reglement, wat mer wëlle maachen, wéi gesot, do wier ech frou, wa mer do an Ärem Rapport géife Liichtblécker gesinn, datt mer déi Saach da kéinte positiv ugoen an deem Sënn, wéi eise Minister et gesot huet, an ech mengen, datt mer dat sécher och all hei ronderëm den Dësch deelen.

**Une voix.**- Neen, guer net, iwwerhaapt net!

**M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.**- Merci, Här Back. Ech gesinn, dat ass en erfuerenen Officier de police judiciaire, deen do geschwat huet. Den Här Mosar huet elo d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Här President, also ech weess net, wéi et lech geet, ...

**M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.**- Gutt!

**M. Laurent Mosar (CSV).**- ... ech sinn extrem frustréiert, extrem frustréiert, iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Diskussiounen hei lafen. Ech muss lech soen: An där ganzer Thematik geet et ausserhalb vum Dateschutz och ëm d'Grondrechter vun de Bierger, d'Grondrechter vun de Bierger. Wann ech nëmmen drun denken un déi ganz Saachen: droit à l'oubli, droit à l'effacement.

Et gi Bierger hei an deem Land, déi ginn acquittéiert, do ass eng Rehabilitatioun, een Non-lieu, Bierger, déi sech näischt virzewerfen hunn, an déi sinn nach wie vor a Fichieren ...

Jo, mä hei wannechgelift. Also mir ...

**M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice*.**- Här Mosar, mir sinn ...

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Ma neen, mir hunn, mir hunn elo awer wierklech hei opmierksam jiddwerengem nogelauschtert. Mir wëllten elo mol, Här President, datt mer op déi wesentlech Froen hei kommen, well zu de wesentleche Froen, wou et ëm d'Grondrechter, ëm d'Biergerrechter geet, hu mir bis elo nach net ganz vill héieren. An duerfir, erlaabt eis elo mol nach eng Kéier, déi Froen do ze stellen.

Hei geet et ëm fundamental Grondrechter. Ech hu virdrun d'Fro gestallt iwwert d'Archiven, ech wëll elo nach eng Kéier déi Froen hei opwerfen, well se extrem wichteg sinn, an ech weess

och, datt déi Häre vun der Magistratur hei och eng ganz grouss Sensibilitéit hunn. Mir wëilten zum Beispill elo mol nach eng Kéier wëssen: Wéi oft - insofern datt d'Autorité de contrôle dat ka soen - ass tëschent 2013 an 2018 zum Beispill op de Partie Archivage zrückgegraff ginn?

Mir wëlle wëssen: Wat sinn d'Motiver, fir op déi Partie Archivage zrückzekommen? Mir wëlle wëssen, ob besonnesch déi Leit aus der Magistratur hei et awer net apaart fannen, datt hei op Faiten zrückgegraff gëtt, déi verjæert sinn, déi acquittéiert sinn, wou eng Rehabilitatioun komm ass.

Wéi sti mer do par rapport zu der Onscholdvermutung, wat e wesentleche Rechtsprinzip ass? Misst et net - an ech stellen och deenen Dammen an Hären aus der Magistratur absichtlech déi Fro - misst et net kloer novollzéibar Kritäre ginn, wéini kann op esou Archiven zrückgegraff ginn? Dat si fir eis wesentlech Froen, Här President. A mir hunn haut, et deet mer leed, nach keen Usaz vun Äntwerte kritt, a wéi gesot, mir maache guer kee Reproche deenen Dammen an Hären, déi et net einfach hunn, déi iwwer Joren op, kommt, mir soen emol „Dysfonctionnement“, opmierksam gemaach hunn, wou näischt geschitt ass.

Mir stelle fest, an datselwecht Gefill hate mer och schonn d'lescht Woch, wéi mer déi Reunioun mat der Autorité de contrôle hatten, datt hei am Moment Saache sinn, déi bestinn, wou mer da gesot kréien: Jo, mir hunn elo en neit Dateschutzgesetz, elo musse mer kucken, elo musse mer Avise maachen.

Et deet mer leed, hei geet et drëm, datt am Moment d'Grondrechter vun de Bierger net respektéiert ginn hei. An dat kënne mir, an dofir sinn ech och net d'accord mam Alex Bodry, net op d'laang Bänk hei schieben a soen: Elo musse mer emol kucken, elo musse mer emol eis Aarbecht maachen. D'Chamber muss, dach, muss sech hei aneschtens organiséieren.

Also, ech muss soen, an ech soen lech ganz éierlech: Ech sinn do fundamental net mam Här Bodry d'accord. Mir maachen als Deputéiert hei eis Aarbecht, Här President. Den Här Roth huet se gemaach 2016/2017, den Här Baum huet se gemaach, ech maache se. Mir stelle permanent Froen. Mir kommen hei a Kommissiounen, mä et geschitt näischt. Et geschitt näischt an deem Land hei! An dat ass dat, wat mir net akzeptéieren. Ech wollt elo mol eppes soen, well ...

**M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.**- Lues, wannechgelift, lues.

**M. Laurent Mosar, (CSV).**- Jo. Neen, neen. Et mécht eis rosen, Här President. Et mécht eis rosen, wéi hei versicht gëtt, einfach déi Saachen ënnert den Teppich ze kieren.

**M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice.***- Et war elo roueg heibanne bis heihin.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat akzeptéiere mir net méi. An ech wéilt elo nach eng Kéier eppes soen. Et gëtt hei permanent gesot: déi Rapporten! Ech wëll elo nach eng Kéier wësse vun der Autorité de contrôle: Wéini ass deen éischte Rapport gemaach ginn? Wa mir dat richteg kucken, war dat 2013, an deen huet sech mat de Joren 2010, 2011 an 2012 ofginn. Dat heescht, deen éischte Rapport ass hei 2013 gemaach ginn. Do ass op eng Rei Dysfonctionnementen opmierksam gemaach ginn, den Här Roth huet dat gesot. A mir stelle fest, datt mir do während zwee Joer, vun 2016 bis 2018, an enger allgemeng akzeptierter illegaler Situatioun waren. An dat akzeptéiere mir? Also, mir akzeptéieren dat net, kann ech lech soen.

**M. Charles Margue, *Président de la Commission de la Justice.***- Merci, Här Mosar. Ech wëll just soen, dass Dir hei net de Privileeg vun der Suerg vum Datschutz vun der Privatsphär vun de Leit hutt - ech mengen, deen ass hei gedeelt, an deen ass net parteilech gefierft -, an dass mer Divergenzen hu vun der Appreciatioun, dass mer hei amgaange sinn ze kucken, wou mer dru sinn. An ech hunn déi lescht Woche vill héiere vu Saachen, déi geschitt sinn, vu ville Suergen, déi ausgedréckt gi sinn a wou elo Mängel waren, wou Tortë waren, wou Good Practice war, en-dehors vun engem Cadre réglementaire oder an engem Cadre législatif réglementaire, well ech emol dohigestallt loossen. Mä et ass net, wéi wann an där hei Saach am Land einfach egal wat déi lescht 20 Joer geschitt wär.

Dat gesot, wie vun lech äntwert op dem Här Mosar seng Interventioun?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.***- Also, ech hunn elo keng Statistike matbruecht, wat d'Demandes d'accès ugeet fir dat, wat archivéiert ass, mä am Prinzip geet dat jo ëmmer. An déi Demandë si relativ seelen, et ass seelen, dass der kommen, fir do Accès op d'Partie Archivage ze hunn. Normalerweis ass dat dann, wann eng nei Enquête ass, wou Leit optauchen, wou ee weess, dass et do Dossiere gëtt, déi archivéiert sinn. An da kann e gewëssenen Interêt sinn, fir ze kucken, ëm wat et sech do gehandelt huet, ob dat déiselwecht Zort Affär ass, oder äänlech, jo, äänlech Fäiten, déi vläicht net opgekläert gi sinn. Wéi gesot, da kann et vun Interêt sinn, fir déi Dossieren ze rapprochéieren. Dat kënnt och bei eis vir.

Wéi gesot, an eiser Chaîne pénale, am Ju-Cha, do ginn d'Dossiere gemengerhand no dräi Joer archivéiert, no engem Joer schonn, wann et eng Policeaffär ass, dat heescht, dat si relativ kuerz Delaien. Mä da kann et awer duerchaus sinn, dass déiselwecht Persounen, déi vläicht suspekt waren eng éischte Kéier, an effektiv net poursuivéiert gi sinn, well een net genuch Indicen hat, an enger anerer Affär nees optauchen. An da geet een natierlech déi Dossieren, déi entre-temps archivéiert sinn, sichen.

Et kann och heiansdo sinn, a mat dem technologesche Fortschrëtt ass dat scho virkomm, zum Beispill bei deem Hold-up, bei engem vun deenen Iwwerfäll op Fourgonen, do hu mer dann unhand vun ADN-Prouwe Joren duerno nach ee condemnéiert. Mä deen Dossier war awer entre-temps archivéiert. Mä natierlech ass een deen Dossier dann awer nees souzesoen ausgruewe gaangen an d'Partie Archive, quitte dass déi Affär elo net direkt an den éischte Joren opgekläert ginn ass.

Et kënnt och alt vir, dass zum Beispill spéider iergendwou am Ausland Objeten optauchen am Kader vun enger ganz anerer Affär, dass een also Saache fënnt, wou ee gesäit, dass déi hei bei deem Iwwerfall oder bei deem Abroch geklaut gi sinn, an dass déi Saachen dann nees optauchen. Mä bon, dat hu mir dann an eisem Archive, an da gräife mer natierlech dorop zréck.

Wann een dann elo seet : Et kann net sinn, dass, wa Leit rehabilitéiert sinn, dat nach an deene Fichiere steet! Mä dat hei si jo keng Fichieren, déi geduecht sinn, fir dobausse fir de grand Public ze benotzen, et ass jo kee Casier. De Casier ass dat, aus deem een, wann ee rehabilitéiert ass, erauskënnt. Dee Fait kann där Persoun jo dann net reprochéiert ginn. Mä natierlech, wa mir eis Dossiere geréieren a wa mir an eise Fichieren en Uerteel hunn, wou een Dossier ofgeschloss ginn ass mat enger definitiver Condamnatioun vun enger Persoun, schreiwe mir natierlech och uschléissend, dass déi Persoun elo duerch deen an deen Arrêt vun der Chambre du conseil vun der Cour rehabilitéiert ginn ass. An déi Informatioun hale mer. Mä dat ass jo eis reng intern Informatioun. Et ka jo net sinn, dass mir soen: Elo, no där Rehabilitatioun, geheie mir einfach alles ewech! A wann zum Beispill dee Concernéierten herno géif soen: Jo, ech si rehabilitéiert ginn, hutt Der iergendeng Trace? Ech bräicht dat elo. An dass mir keng méi hu vun näischt, dat ka jo net sinn. Mir geheien dat jo dann net einfach alles ewech.

Mir droe jo och an: Deen Dossier do, deen ass elo clôturéiert gi mat engem Non-lieu. Deen Dossier do, do ass et herno zu engem Acquittement komm. Dat ass natierlech eng

Informatioun, déi mir halen an engem Fichier, dee fir eis intern ass. An et ass och schwiereg ze handhaben, wann een elo seet: Esoubal, wéi een acquittéiert gëtt, geheie mer alles ewech!

Zum Beispill den Haasseler Mord, dee jo och an der Press genuch erwänt ginn ass. Do sinn dräi Leit acquittéiert ginn. Et ass offensichtlech, dass et e Mord war, déi Enquête ass amgaangen. Do ass eng Enquête amgaangen. Mä geheie mer dann elo deen Dossier ewech? Also do muss ee jo awer iergendwou nach gesinn, wéi een dat dote soll op engem operationelle Plang maachen. Ech sinn absolutt d'accord: Déi dräi, déi acquittéiert gi sinn, déi sinn acquittéiert, dat ass kloer, an et ass och deenen Enquêteuren, déi op deem Dossier schaffen, kloer. Mä mir geheien awer elo dofir net den Dossier ewech, well der dräi acquittéiert gi sinn. Iergendwéi muss ee jo awer nach kënne funktionéieren. Mä wéi gesot, dee Fichier ass bei eis jo haaptsächlech, fir intern Dossieren ze geréieren.

An ech mengen, wat och wichteg ass, dat ass, an ech mengen, dat ass net kloer eriwuer komm: Mir hunn effektiv, wat elo de richteg Casier ass, vun allegueren deene Leit, déi definitiv condamnéiert sinn, Fichieren, Fiches nominatives, also mam Numm vun där betreffender Persoun, déi mer agedroen hunn. Wéi gesot, dann hu mer déi Coordinnéeën vun där Persoun, mat all den definitive Condamnatiounen, wou nach keng Rehabilitatioun komm ass. Dat ass Casier, dat ass alles reng nominativ, mat Listing vum de Condamnatiounen.

An deem, wat elo Ju-Cha ass, Chaîne pénale, ass et anescht. Do geréiere mer Dossieren. All Dossier kritt bei eis eng Notiznummer dee Moment, wou en Dossier opgemaach gëtt, dat heescht, wa mer e Protokoll vun der Police kréien oder eng Plainte. An ënnert där Notiznummer ginn dann déi Persounen agedroen, déi am Dossier virkommen a mat der Präzisioun, ob et e Suspect ass, e Prevenu, herno en Inculpé, eng Partie civile, eng Victimm an esou weider. Do kann een natierlech op déi Dossieren eng Recherche maachen. Da fannt Der och d'Nimm erëm. Mä do gëtt et keng - wéi soll ech soen - keng Fichë pro Persoun, näischt an deem Genre. Do geréiere mer intern eis Dossieren, a mer geréiere se komplett mat allen Informatiounen, y compris dermat, wat herno dobäi erauskomm ass, ob et en Acquittement ginn ass, ob et en Non-lieu ginn ass, wéi och ëmmer.

**M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice.**- Merci, Madamm Kappweiler. Den Här Kartheiser, pardon, den Här Wivenes seet och nach eppes.

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle** - Jo, ech wollt vläicht nach e Wuert soen op d'Äntwert vun dem Här Mosar. Mir hu Rapporte gemaach vun 2003 aus un. Mä et ass wouer, dass an deem Rapport vun 2014/2015 e konkrete Fall evoquéiert ginn ass, wou

mer gemierkt hunn, datt déi Tripartite-Organisatioun an deem System vun der Police net fonctionnéiert huet, well um Terrain - ech soen elo keen Numm - et eng Affaire judiciaire och ginn ass duerno, an d'Gerichter hunn déi Konsequenzen doraus gezunn, déi se hu missen zéien: datt do Polizisten um Terrain Accès haten un Donnéeën, déi hätte missen an der Partie archive sinn. Dat ass do ganz kloer ginn an dat ass och an dem Rapport esou gesot.

Mir haten iwwert déi Joren ewech d'Impressioun, datt dat ni esou organiséiert ginn ass, wéi et hätte missen organiséiert ginn. D'Police huet ëmmer de Ball zrëckgeschéckt bei d'Parqueten a gesot: „Dir sot ons net, wann en Non-lieu kënnt, wann en Acquittement kënnt.“ An dee leschte Stand war, an dat war 2016, wou nach dee leschte Bréifwiessel war, datt do sollte Kontakten hiergestallt ginn tëschent de Parqueten an de Responsabele vun der Police, fir déi Informatiounen do weiderzeginn.

Ech si perséinlech absolutt averstanen, datt et net admissibel ass, datt Donnéeë benotzt ginn, figuréieren a benotzt ginn, déi um Casier net méi stinn. Mä dat ass e klassesche Problem gewiescht, dee säit 2002 bekannt war.

### ***(Interruptions diverses)***

Jo, säit 2003. Dee war vun Ufank aus u bekannt, op där enger Säit de Casier, dee ganz strikt ass, an op där anerer Säit dann déi Donnéeën, déi an der Police weider traitéiert gi sinn. An de Problem kënnt dohier, datt an enger ganzer Wull vu Gesetzer, och nach rezente Gesetzer, ëmmer dee Begrëff vun „rapport de moralité“ oder „de bonne conduite“ drasteet, wou dann d'Police dat gesot kritt. Fréier si se da bei d'Nopere froe gaangen: „Wat ass dat fir eng Damm? Wat ass dat fir en Här?“ An haut gëtt dann an där Datebank do gesicht. A mir hunn iwwert d'Joren ewech op verschiddenen Terraine versicht ze „endiguéieren“, loosse mer et wierklech esou soen: ze „endiguéieren“. An deen éischte groussen, wou mer dann elo schéngen eppes erreecht ze hunn, dat war d'Fro vum Journal des incidents.

„Wat ass de Journal des incidents“, Dir hutt d'Fro virdru gestallt, „par rapport zum PV?“ Ben, de Journal des incidents ass eng Zort vu preliminairem Rapport, dee gemaach ginn ass, wann d'Poliziste fréier owes heemkomm sinn. An dat ass fréier da gemaach ginn um Pabeier an dat louch da just op deem Kommissariat, wou déi Persoun geschafft huet, dee Beamte geschafft huet. A wéi informatiséiert ginn ass, ass dat agespeist ginn an dunn huet da vu Clief bis op Déifferdeng jidderee kënne kucken, wat wou geschitt ass. An opgrond dovunner sinn dann d'Rapporten an d'PVe gemaach ginn.

Wat och interessant war - ech hunn där emol an der Praxis heiansdo gesinn -, dat ass, datt den Tounfall an d'Manéier, wéi dat do stoung, ganz anescht war an deem engen an an deem aneren, an datt net onbedéngt och jiddereen zu engem PV gefouert huet. A mir waren och ëmmer der Meenung, dat hu mer x-mol an de Rapporte gesot, soubal wann e PV-Rapport gemaach gëtt, huet déi Donnée Journal des incidents näischt méi verluer an deem Fichier, well dann ass dee Rapport gemaach ginn, deem no dem Code de procédure pénale, oder CIC déizäit, muss un de Procureur gemaach ginn, an dann, dat Document de travail, wat Der gebraucht hutt, fir de Rapport oder de PV ze maachen un de Parquet, dat ass net méi ...

Mä och do hu mer gepriedegt an ons Meenung gesot an et ass ...

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Dir sidd net erhéiert ginn, et ass ...

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Genau, esou kann een dat soen.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci. Merci och fir déi Präzisioun. Ech muss soen, dat do war eng ganz éierlech, oppen Ausso, déi mir extrem appreciéieren. Ech hätt och gär, datt dat wierklech aktéiert gëtt, datt déi éischt Kéier, datt an deem Rapport do wierklech eng Kritik artikuliert ass, war 2014.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Dat ass aktéiert an deem Mooss, wou et e Verbatim ass, an et gëtt appreciéiert ...

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Et ass och wichteg, Här President, well wat den Här Bodry hei gezielt huet, well Verschiddener dat net matkritt hunn.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- ... an et gëtt appreciéiert vun all de Leit heibannen, wat den Här Wivenes eis elo gesot huet, an och déi aner Gäscht, déi mer de Moien héieren.

Dass e puer Leit fortgaange sinn, huet domat ze dinn, dass Conférence des Présidents ugesot gi war an dass se duerfir elo net hei sinn. Dat wëll ech awer dann och kloerstellen. Den Här Kartheiser huet d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, et geet mir wahrscheinlech net anescht wéi ville Kolleegeen heibannen: Desto méi een héiert, desto méi duerchernee gëtt een heiansdo.

D'CSV huet de Moien ugefaange mat enger Lëscht opzeziele vu Fichieren, déi et gëtt. A si huet d'Fro gestallt: „Ass dat déi komplett Lëscht? Gëtt et nach aner Fichieren?“ A wann ech richteg nogelauschtert hunn, dann hat d'Madamm Kappweiler iergendwéi eng Kéier gesot - ech ka mech iren, si korrigéiert mech an deem Fall -, datt alleng an der Justice eng 70 Fichieren existent wäeren. Dofir wëll ech op déi Fro zrëckkommen.

Ech géif emol gär wëssen: Wivill Fichieren hu mer? A ginn déi all op déiselwecht Manéier geféiert? Beispill: Pädophilie. Zum Beispill, gëllen do déiselwecht Regele wéi bei de Verkéiersaccidenter? E Beispill. Ginn déi Fichieren ..., also wat gëtt et u Fichieren? An déi Lëscht ze kréien, wär wierklech interessant. A gëlle fir all déi Fichieren déiselwecht Regeln?

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Also, et gëtt getrennt ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Zweet Fro: ...

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Jo, pardon?

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Et gëtt getrennte Fichieren.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Voilà !

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Zweet Fro: Sinn déi Fichieren all informatiséiert? Ech stellen déi Fro ganz bewusst, well et ass een Aspect vun der Sekuritéit vun de perséinlechen Donnéeën - déi mir och um Häerz läit, wahrscheinlech eis alleguer -, dee mer awer, mengen ech, nach net vill diskutéiert hunn: Dat ass d'Sécherheet vun deene Fichiere géintiwuer engem Ugrëff vu baussen.

A meng Fro ass: Huet d'Justiz zesumme mam Centre informatique de l'État respektiv huet d'Police zesumme mam Centre informatique de l'État Exercicen duerchgespillt, fir d'Sécherheet vun deene Fichieren testen ze loossen? Hackerugrëff! Wann net, da géif ech gär wëssen, firwat net an ob dat geplangt ass. Well ech mengen, et ass inadmissibel fir e Stat wéi eisen, datt e Fichier vun der Justiz oder vun der Police kéint vu baussen attackéiert ginn.

Dat Drëtt ass den Ënnerscheed an der Definitioun vun enger „information policière“ an enger „information judiciaire“. Ech mengen, et ass scho wichteg ze wëssen, wat an engem Policefichier oder an engem Justizfichier muss stoen an ob et do en Definitiousënnerscheed oder Ambiguitéite gëtt tëschent deem, wat eng reng Information policière ass oder eng Information judiciaire.

Mir haten d'Diskussioun beim Stockholmer Ofkommen zum Beispill, wou mer dann diskutéieren, wat d'Polisen ënnereneen direkt un Informatiounen austausche kënnen, ouni datt d'Justiz muss agräifen. Dat heescht, do gëtt et schonn Donnéeën, déi eng reng Information policière sinn. An d'Fro ass, wann dann elo do eng Definitioun besteet, tëschent dem Ënnerscheed Information policière a judiciaire, wéi eng eventuell Inzidenz dat huet och op d'Gestioun vun de Fichieren, wat d'Protection des données ugeet.

Merci.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Här Kartheiser. Madamm Kappweiler.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, vläicht zum éischte Punkt, also wat d'Fichieren ugeet: Mir hu keng eenzel Fichiere pro Kategorië vun Infraktiounen. Bei eis kréien all d'Dossieren, esou wéi se erakommen, vun Ufank un eng fortlaufend Notiznummer, un där ee gesäit un der Struktur, ob et Parquet Lëtzebuerg, Parquet Dikrech ass, ob et eng Droit-commun-Affär ass, ob et Circulatioun ass. Mä all d'Dossiere ginn do, wéi gesot, agedroen an deemselwechte Fichier mat fortlaufender Nummer a ginn och genee d'selwecht traitéiert.

Wat elo d'Fro nom Hackerugréff ass, bon, ech muss soen, dass mir fir eis ganz Fichiere mam Centre informatique zesummeschaffen an dass do Tester gemaach gi sinn. Mä vu dass ech kee Spezialist an der Informatik sinn, kann ech lech awer elo dozou absolutt keng Detailer soen. Mä ech weess just, dass de Centre informatique do sech ëm déi Saache këmmert.

Wéi gesot, wivill Fichieren dass et ginn ... Bon, wéi gesot, bei der Justiz hänkt et wierklech domat zesummen, dass mir an ëmmer méi Konventiounen Autorité centrale sinn. A mir geréieren natierlech all déi Dossieren elektronesch. Wa mir elo zum Beispill aus dem Ausland eng Ufro kréien, zum Beispill fir Alimenter anzedreiwen oder well e Kand nom Exercice vun engem Droit de visite bei ee vun den Elterendeeler net zrëckbruecht ginn ass oder wéi och ëmmer, da gëtt all Kéiers als eenzelnen Dossier nei an e Fichier agedroen an do gëtt de ganze

Suivi geréiert, well - also et sinn esou vill där Matièreen - wa mer dat net géifen elektronesch maachen, et géif ee jo iwwerhaapt näischt méi erëmfannen.

Mä et sinn der ..., a mat allem, wéi gesot, da gëtt et Surendettement, et gëtt Répertoire civil, deen dann am Code civil ernimmt ass. Mä do weess een da just, wann een „Code civil“ liest, minimal, wat dass do dra soll stoen. Mä do ginn et keng Délais de conservation, et ginn iwwerhaapt keng Präzisiounen do derzou. Dat heescht, déi eenzel Fichieren do, wéi gesot, där sinn et mat der Zäit par la force des choses ëmmer méi ginn. An do misst een elo, fir konform ze si mam Gesetz vum 1. August 2018, jo da Registere maachen, wou ee sech Prozedure gëtt, wou een Delaie festleet, wéi laang datt alles conservéiert gëtt. Mä wéi gesot, dat kéint eng gewëssen Zäit an Usproch huelen, well dat ass entre-temps en enorme Volume vu Fichieren.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- A fir op d'Reflexioun vum Carlo Back anzegoen, dat Wuert „elektronesch“ ass wahrscheinlech den elektronischen Traitement vun awer méiglecherweis mat PDF-Form ...?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, also mir droen ... Neen, mir hu keng PDFen, ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Nee ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- ... well och scho Ju-Cha oder Chaîne pénale, dat ass fir se alleguer, bei eis, wéi gesot, kritt den Dossier eng Nummer, ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- ... eng Referenz, et huet een d'Nimm vun de Parteien, vläicht nach vun den Zeien. Do kann een ... Dat gëtt agedroen, mä et ass a kengem Fichier, wou dat de Pabeiersdossier ersetzt.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Dat heescht, et gëtt all Kéiers ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- ... mat wou e bei eis klasséiert ass. Et gëtt ëmmer e Pabeiersdossier. Mir hu keng Dossieren

integral gescannt, ausser ganz voluminéis Penalsdossieren, déi entre-temps integral gescannt ginn, well ee soss Plënnerkëschte voll Dokumenter hätt, déi een och misst den Affekote communiquéieren, hu mir keng. Mir hunn d'Fichiere prinzipiell op Pabeier. Mä wann een an de Fichier geet, da fënnt een d'Referenz vum Dossier mat den Nimm vun de Parteien, minimal ..., also och nach eventuell, ëm wéi eng - wann et Ju-Cha ass, Chaîne pénale -, ëm wéi eng Infraktioun et sech handelt, an dann nach, wou een deen Dossier dann elo fënnt. Well soss, wéi gesot, géif een ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Dat heescht, a wéi engem Schaf, op wéi engem Stack, a wéi engem Büro datt een e fënnt?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, quasi. Mä den Dossier als solchen, deen ass net do an deem Fichier.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo, jo. Mä dat heescht, mir fonctionnéieren, wéi mer ëmmer fonctionnéiert hunn: Dat ass d'Nummer esou an esou, an da gi mer an den Dossier kucken, deen an deem Schaf an deem Büro steet, bei deem Beamten oder Magistrat.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, et ginn entre-temps zwar, vu dass mer ganz voluminéis Penalsdossieren haten, do verschiddener, déi integral gescannt gi sinn an déi och esou den Affekoten communiquéiert gi sinn, well ee soss Plënnerkëschte voll Pabeier deenen hätt missen zoukomme loossen, soudass déi am Fong geholl op déi gescannten Dossieren Accès haten. Mä dat sinn, dat ass eng ... Jo, dat ass net d'Majoritéit vun den Dossieren.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- An dat ass alles an der Cité judiciaire?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Ah, ben jo!

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Jo, jo, okay. Nee, nee, ech denken elo Volumnen, voilà.

**M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat heescht, dass keng Detailfroen do sinn, déi an engem Computer setzen, op enger informatescher Basis bestinn?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*. - Guer net.

**M. Laurent Mosar** (CSV). - Et steet just do: Dat war déi Persoun ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*. - Also Dir fannt do ... Zum Beispill kënnt Der kucken, kënnt Der eng Recherche maachen: Do fannt Der den Numm vum Magistrat, dee sech ëm deen Dossier këmmert. Dir fannt d'Referenz vum Dossier. Dir fannt zum Beispill, dass fir déiselwecht Persoun et een Dossier gëtt, deen archivéiert ass. Do gesitt Der nach, ob an deem archivéierten Dossier zum Beispill déi Persoun Prevenu war oder Zeien. Dir fannt den Numm vläicht vum Prevenu, den Numm vun der Victime, den Numm vun Zeien, vun der Partie civile, d'Referenz vum Protokoll, vum Basisprotokoll vun der Police, oder ob et eng Plainte direkt un de Procureur war oder ob et eng Plainte mat Partie civile war, an da vläicht nach autres PV, déi dann nokomm sinn an därselwechter Affär. A méi hutt Der do als ...

Et ass wierklech ganz minimalistesch. Mä dat erlaabt lech dann awer, jo, wéi gesot, éischstens, den Dossier erëmzefannen an och, Saachen ze regroupéieren. Well zum Beispill, wa mer dann d'Affären an d'Sëtzung zitéieren a mir gesinn, dass géint déiselwecht Persoun zwee oder dräi Dossieren amgaange sinn, da ruffe mer se jo net eng Kéier méindes an eng Kéier mëttwochs an nach eng Kéier freides. Do kënnt se an eng Sëtzung fir déi dräi Dossieren. Dat géife mer jo anescht ..., wa mer dat net esou géife geréieren, géife mer dat jo guer net fannen.

Eng aner Utilitéit vun deene Fichieren ass, et gëtt da jo natierlech d'Présomption d'innocence - natierlech! -, mä mir hu jo och e ganze Koup Protoköll, déi mer erakréien, wou ee fir d'Éischt, vu dass de Parquet d'Opportunité des poursuites huet, wou ee sech vläicht fir d'Éischt seet: „Dat dote muss een elo net onbedéngt poursuivéieren“, an da klasséiert een dat ad acta - wat eng reng provisoersch administrativ Decisioun ass -, well ee seet: „Et ass elo net grav genuch“, oder et schreift een där Persoun en Avertissement.

Da gesäit een awer oft, dass da kuerz Zäit drop nach eng Plainte kënnt oder nach e Protokoll kënnt. A quitte dass ee Fait eleng net schlëmm wär, mä wann dat sech awer cumuléiert, da seet ee sech herno vläicht awer: „Mä dat doten ...!“. Wéi gesot, et kënnt ëfters vir bei Dossieren zum Beispill vu Violence domestique: eng éischt Plainte mat enger Wegweisung an da seet d'Victime: „Ech wëll dat awer net weiderféieren.“ Gutt, da soe mer oft: „Da poursuivéiere mer dat doten elo net.“ Dann hu mer jo awer nach ëmmer dee Fichier. Mä wann do awer dann eng Affär nokënnt, poursuivéiere mer natierlech déi zwee Faiten, well mer soen: „Dat doten ass jo elo net gradesou harmlos“, oder „Dat war elo net just e Fait unique.“

D'selwecht, wa mer gesinn zum Beispill, wann eng Persoun elo um Téléphone harceléiert gëtt, da seet ee sech vläicht: „Dat ass net dramatesch, dat poursuivéiere mer net direkt.“ Mä wann dann awer nach Menacë bäikommen oder Injuren oder Violence légère, an et seet een: „Dat doten, mä dat ass totale Stalking, wéi en am Buch steet, dat dote muss een ...“, dann hält een natierlech all déi Affären do mat, quitte dass déi an enger éischer Phas net poursuivéiert gi sinn.

Dat heescht duerfir, mir hu schonn Informatiounen, wou eng Persoun elo net poursuivéiert ass, net condamnéiert ass, mä wou awer trotzdeem am Kader vun eiser Aarbecht et utile ass, dass mer kënnen dorop zrëckgräifen, fir effikass kënnen ze schaffen. Quitte dass esou laang, wéi dat just als Protokoll an eise Fichieren ass, dat jo keng Condamnatioun ass, dat näischt ass, wat een där Persoun kéint virhalen. Mä dat ass awer fir eis nützlich, d'Informatioun ze hunn, fir le cas échéant och dofir kënnen ze poursuivéieren, soulaang déi Affär net verjæert ass.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*. - Merci. Zu eiser aller Informatioun: Ech versiche gär, géint eelef Auer ofzeschléissen.

Den Här Baum huet d'Wuert gefrot an den Här Roth huet d'Wuert gefrot.

**M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Ech kommen nach eng Kéier zrëck op déi Fro vum indirekten Accès, dat heescht den Accès vun den Administratiounen zum Policefichier.

Den Här Lallemand huet mech virdrun zu Recht op d'Gesetz vum 22. Februar 2018 verweisen, an deem dat geregelt ass. An do gëtt et eng enorm Latitude. Dat heescht, all Administratioun huet potenziell Zougang zu deenen Donnéeën. Dat Eenzezt, wat d'Konditioun ass, et muss « nécessaire à l'exécution d'une mission de service publique » sinn. Och dat léisst viles op. Dee Moment war et esou, datt - mir si jo gutt doranner, ëmmer grouss kollektiv Mea-culpaen ze maachen -, bei deem Gesetz war et esou, datt och an der Chamber driwwer diskutéiert ginn ass, an d'Oppositioun huet dat Gesetz och net matgestëmmt, zum Deel aus Argumenter, déi an der Chamberssëtzung och den Här Roth virbruecht huet.

Elo ass et awer esou, datt an deem Gesetz drasteet, datt d'CNPD an deem heite Fall eng Kontrollmissioun huet iwwert d'Transmissioun vun Donnéeën un déi Administratioun. Bon, elo sot Der mer vläicht: „Dat Gesetz ass elo annerhalleft Joer a Kraaft, de grâce, mir kënnen nach keen exhaustive Bilan dovunner gemaach hunn!“ Dat halen ech lech och zegutt. Zumindest

mengen ech awer, datt et wichteg wier, datt Der éischt Experienzen awer vläicht kéint beschreiwen, besonnesch well an deemselwechten Text och drasteet, datt just d'Logfiles quasi zwee Joer just gehale ginn an duerno net méi retraçabel ass, wéi eng Administratioun dann zu wéi engen Zwecker Donnéeën ugefrot huet. Well och, am Gesetz steet awer dran: Et gi Kritäre vu Proportionalitéit, vu Pertinenz, vun Noutwendegkeet eben.

An awéiwäit dat an der Praxis dann och vun den Administratiounen an deene leschten annerhallwe Joren esou gehandhabt ginn ass, wann Der do vläicht e puer Informatiounen kéint ginn? Voilà, dat wier déi Fro.

An eng allgemeng Remark: Den Här Bodry huet zu Recht gesot, datt déi exekutiv Reglementer, datt d'Chamber déi sollt virgeluecht kréie respektiv datt mer déi Lëscht, wou der feelen, eng Kéier misste seriö op de Leescht huelen.

Ech wier dann och Demandeur - dat wier eng Fro un d'Chamber; als Lénk si mir net an deem Gremium vum Bureau dran, wat d'Gremium vun deenen Honorabelste vun deenen Honorabelen ass, duerfir froe mer d'Chamber dann -, ob mir dann och vläicht eventuell déi Lëscht kéinte kréie vun de Règlement-grand-ducallen, déi net geholl sinn, obwuel se misste geholl sinn.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Esou ass dat aktéiert dann duerch de Verbatim. A villes vun deem, wat jo elo gefrot ginn ass, huet och de Policeminister ugekënnegt, dass misst gekläert ginn, well et net genuch gekläert ass fir de Moment. Voilà!

Dir waart ... Neen, d'Madamm Larsen, an dann huele mer den Här Roth.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Jo, wéi den Här Lallemand virdru sot, also mir hunn dat hei elo net mat grousser Freed opgeholl, dat Gesetz vum 22. Februar 2018. Mir hunn d'lescht Woch, mengen ech, oder d'virlescht Woch den Avis zum Waffen- a Munitiounsgesetz geholl. Do hu mer och Froe gestallt zu deenen „enquêtes de moralité“. Dat ass och eng Fro, déi sech am Kader vum Här Valentin Fürst gestallt huet: Inwiefern däerfe Verwaltungen d'Moralitéit vun neie Mataarbechter testen. Déi eng Verwaltungen kënne jo relativ wäit goen, anerer hunn do nach kee Spillraum gesinn. Do géif ech mengen, do ass e Problem.

Mir hunn elo keng Informatiounen vun der Police doriwwer, inwiefern si déi Demandë separat traitéieren a separat do Logge féieren. Mir hunn dat éischter als e globale Problem ugesi mat den Enquêtes de moralité, dee mir an der nächster Zukunft wélten analyséieren.

Merci.

**M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Dat heescht, Dir hutt keng Donnéeën am Moment, wéi dacks Administratiounen opgrond vum 2018er Gesetz dorobber zrëckgegraff hunn?

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Neen.

**M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Okay.

**M. Charles Margue**, *Président de la Commission de la Justice*.- Madamm Kappweiler.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Jo, ech wollt vläicht just dozou soen, an dat ass am Fong dat Eenzezt, wat mech e bësse méi betrëfft - vu dass ech mech laang ëm de Casier gekëmmert hunn a mer do d'Gesetz e puermol geännert hunn, do war och déi Diskussioun dann, well jo am Kader vun den ..., wann iergendeen eng Distinction honorifique soll kréien, war et ëmmer fréier usus, dass och am Casier gekuckt ginn ass, an zwar an deem Bulletin, wou méi dra stoung, zwar net de Bulletin 1, wou alles dra stoung. A vu dass ech en absolutten Unhänger vun der Transparenz sinn, hu mer do 2016 effektiv an dat Casiersgesetz drageschriwwen, dass wann et drëm geet, ob ee soll eng Distinction honorifique kréien, dass dann effektiv de Minister kann de Bulletin 2 froen.

Dat steet tel quel elo am Gesetz an da weess jiddwereen et. Mä, wéi gesot, vu dass ech e groussen Unhänger vun Transparenz sinn, hat ech dorobber gepocht. Well ech sot, wann et ..., also et kann net sinn, dass nach iergend e Bulletin erausgeet, wann et net tel quel am Text steet, och wann ee vläicht seet: Oh, dat ass e bëssen ..., dat ass vläicht lächerlech, musse mer dat draschreien? Mä do steet et elo dran, soudass et do jiddefalls absolutt kloer an transparent ass, dass an esou engem Fall dee Bulletin 2 gekuckt gëtt.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci och fir déi Präzisioun, Madamm Kappweiler. Dem Här Roth seng Fro, ass se och nach aktuell?

**M. Gilles Roth** (CSV).- Méi wéi jee, Här President.

**(Hilarité)**

Jo, Dir kënnt mech och elo, wann et iwwer eelef Auer gëtt ... Well mir wëllen ...

**(Interruption)**

Nee, nee, nee. Dat hei ass ... Ech fannen dat hei, wéi déi Sitzung ofleeft, muss ech lech ganz éierlech soen, Här President, ech fannen dat äusserst grav. Hei gëtt praktesch de Reproche gemaach un d'Oppositoun, si hätten hir Aarbecht net gemaach.

Ech wëll lech nach eng Kéier rappeléieren: Wat soll en Deputéierte vun der Oppositoun dann hei méi maachen? Mir hu Froe gestallt, den 1. Dezember 2015. Ofgewimmelt ginn - oh Mamm, firwat stellt en déi do Fro? Mëndlech gestallt; 19. Januar 2016.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Ech hu kee Reproche héieren.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Ech kommen ..., dann nennen ech lech se ganz konkret.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Ech hu kee Reproche héieren un der Oppositoun, de ganze Moien net.

**Une voix**.- Dach, dach.

**M. Gilles Roth** (CSV).- De Verbatim kënnt Der jo héieren. Den 10. Mee 2016 nach eng Kéier datselwecht. Jo. Jo!

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Dir hutt dat schonn e puermol gesot.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Eng Motioun ... Jo, déi ... Ma passt elo mol op! Eng Motioun bei dem Debat ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*). *Président de la Commission de la Justice*.- Keng Droungen, wannechgelift.

**(Hilarité)**

**Mme Diane Adehm (CSV).**- Jo, mä, Här President, den Här Roth huet d'Wuert.

**Une autre voix.**- Loosst en dach emol schwätzen!

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Jo, mä ob en den Toun vläicht e bëssen ...

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Mä den Toun mécht d'Musek.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Dat heescht, wa mir lech net geneem sinn, dann ...

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Ma nee, et geet net dorëm.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Ma Dir hutt elo gesot, den Toun mécht d'Musek.

### ***(Interruptions)***

An dann nach eng Kéier eng Motioun erabruecht an der Chamber beim Debat iwwert d'Lag vun der Natioun 2017. Intervenéiert beim Gesetz vum 22. Februar 2018. Dat si fënnefmol - ech widderhuelen, fënnefmol! - bannent zwee Joer, wou ech op dee Problem higewisen hunn. A wa mir da mussen hei héiere vun engem Verrieder vun de Majoritéitsparteien: Jo, d'Chamber huet vläicht hire Rôle och net geholl.

Mä wat solle mer dann nach méi maachen? Sot Dir eis et. Ech weess net, wat mer nach méi kënne maachen.

Zweete Punkt, da komme mer konkret. Et ass hei gesot ginn, wat mech als Deputéierten - ech soen et och nach eng Kéier haart hei - erféiert, erschreckt, erschütter, dass muss e Chaos Computer Club, mat allem Respekt fir déi Aarbecht, dass déi mussen higoen, fir de Leit e Formulaire online ze setzen, wou se hir elementar Biergerrechter, esou wéi d'Chamber se gestëmmt huet, kënne geltend maachen.

A wann Der et gär konkret hätt, Här President, ech stellen dann elo d'Fro, an ech hätt gären eng Äntwert, jo oder neen, elo virun eelef Auer oder no eelef Auer: Ass d'CNPD bereet, nach haut e Formulaire, wéi de Chaos Computer Club et da gemaach huet, op hiren Internetsite ze

setzen, wou d'Leit kënnen Asiicht an hire Polizeifichier hunn? Jo oder neen? Dat gemääss dem Artikel 9.

An ech liesen dann och nach eng Kéier haart vir, pour les fins du procès-verbal : « la CNPD facilite l'introduction des réclamations visées à l'article 8 », vum Gesetz iwwert Dateschutz, « par des mesures tel que la fourniture d'un formulaire de réclamations qui peut être rempli également par voie électronique. »

Also ech stellen hei nach eng Kéier formell d'Fro, a mir ginn net aus dëser Sitzung eraus, bis dass mer eng Äntwert hunn, eng verbindlech Äntwert vun der CNPD, ob se nach haut esou e Formulaire op hiren Internetsite setzt, an net mat dem Vermierk, jo, Dir kënnt ënnert dem Verbo D, Renvoi hei, kënnt Der dat maachen. Mir hätte gär e klore Formulaire!

Drëttens, an, ech mengen, den Här Wivenes, deen huet och a senger Qualitéit als fréiere President a mat deem Parcours professionnel sans faute, dee seng Carrière iwwer 40 Joer an der Magistratur an doriwwer eraus kannt huet, deen huet eigentlech d'Saach op de Punkt bruecht, dat net méi am Casier steet, dat huet eigentlech ...

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Voilà!

**M. Gilles Roth (CSV).**- ... näischt méi verluer an där net méi benotzt ze ginn.

An ech muss lech soen, ech sinn erschreckt, vun engem Verrieder vum Parquet général hei ze héieren: Mir brauchen dat nach, fir ze kucken, wat huet deen nach soss dorëmmer gestiicht, fir dass mer dat eventuell kéinten am Kader vun eisen Opportunités de poursuite benotzen. Well genau dat ass jo beim Fürst geschitt, beim Här Fürst.

Et huet een op Saachen zrëckgegraff... Et huet een op Saachen zrëckgegraff, Verkéiersdelikter an dann, soi-disant, déi ni poursuivéiert ginn, Outrage-à-agenten. A wann den Här Fürst, wann deen, mengen ech - an ech soen dat hei ënnert dem Couvert vun der Immunité parlementaire, well et weess ee jo net, wat nach den Deputéierten zuwidder kënnt - , soen ech dat nach eng Kéier ... Ech soen dat nach eng Kéier: Wann den Här Fürst, wann deen net sengerzäit bei dem Nicolas Schmit sengem Bouf an dem Auto gesiess hätt, wat jo, mat dem Här Schmit ... Et ass kee Member vu menger Partei - ech respektéieren den Här Schmit awer fir seng intellektuell Kompetenzen an déi Ministèren, déi e gutt gefouert huet.

Wann den Här Nicolas Schmit ... Jo, wann dee Jong net am Auto do gesiess hätt, dann,

mengen ech, hätt dat net déi Envergure kritt. A wat dem Här Nicolas Schmit sengerzäit 2012 verfuert ass, mat allem Dénge, wat e fir säi Jong gemaach huet, dat ass franchement eng Sauerei gewiescht! An dass dat deen Dag drop an der Press war, dat kënnt och, well et net dee Secret d'instruction an déi Secreten an de Fichiere belangt huet, déi deemools hätte misse sinn.

An elo kënnt Dir de Kapp rëselen a soen, dat huet näischt mat der Saach ze dinn.

**Une voix.-** Nee!

**M. Gilles Roth (CSV).**- Dach, et huet ganz kloer eppes mat der Saach ze dinn!

Et ass en Exempel, wat ganz kloer illustréiert, wat hei geschitt. Et kann net sinn, dass 2.000 Leit iergendwéi e Rapport vun engem Polizist kënne liesen a soen, oh, mir hunn nach eppes géint deen do. Et kann net sinn, dass Mineuren an deene Casieren do, an deene Fichiere gefouert ginn. An de President vum Statsrot huet ganz kloer et monéiert.

A fir dann hei wëllen ze dréinen, jo, mir brauchen dat awer, well et muss ee jo awer kucken, ob een eng Sexualstrofdot oder ob en nach Kannerschänner ass oder ech weess net, bei Hold-uppen, ADN derbäi.

Mä da muss een d'Separatioun maachen. Da muss ee soen: Wann dat seriö Strofdote si vun där Envergure, dass déi méi laang gehale ginn. Majo, an dat seet och d'Verhältnisméissegkeet. Awer net all kleng Pipifax, deen dann nach 20 Joer ..., wann ee mat 80 zu Stroossbuerg duerch de Radar gerannt ass. Dat geet dach net an engem Rechtsstat!

Ech weess net, wéi oft mer et de Leit nach musse soen ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.**- Dat maache mer iwwerhaupt net.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Gelift?!

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.**- Dat hate mer iwwerhaupt net. Wann een zu Stroossbuerg duerch de Radar rennt, dat steet bei eis iwwerhaupt néierens - just fir ze soen.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Steet an der Police oder net? Wéi wiert Dir da beim Fürst drukomm?

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.**- Nee.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Ma dat do ass interessant. A mir géifen dat do awer gären ...

**(Brouhaha)**

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech géif gär wëssen, wann et net am Fichier... Wou ass et dann hierkomm?

**M. Gilles Roth (CSV).**- Also, dann ... Dann - ech fueren nach mat mengen Äusserunge virun - , da stellen ech lech awer elo, Madamm Kappweiler, ganz kloer d'Fro.

D'Police huet hei an der Sitzung gesot, sur question spéciale, huet de Generaldirekter vun der Police gesot, an deem Fall vum Här Fürst, wier bei hinne keng Consultatioun vun de Fichiere gewiescht.

**Une voix.**- Jo!

**M. Gilles Roth (CSV).**- D'Justiz huet gesot, si kéinten net eng Recherche nominative maachen. Da stellen ech lech d'Fro ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.**- Recherche nominative, jo. Dat si keng Fichiers nominatifs, dat muss jo kloer sinn.

Do muss ee schonn ënnerscheeden. Et ginn Dossieren agedroen, op déi een eng Recherche mam Numm ka maachen. Also, am Reglement vun '88 steet ausdrécklech, dass de Parquet duerf Données nominatives geréieren. Dat war vun '88 un esou virgesinn an ass och esou gehandhabt ginn.

Mä et gött pro Dossier gefouert, mä et gött contrairement zum Casier keng eenzel Fichiere pro Persoun. Mä et gött Dossieren, wou Nimm ... D'Dossiere gi geréiert an do stinn Nimm dran, an do kann een eng Recherche drop maachen. Méi komplizéiert ass et net.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, jo, jo. Mä dat widdersprécht ...

**Une voix.-** Wann et vum Dossier...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.-** Dat ass esou wéi et am Reglement vun '88 virgeschriwwen ass.

**M. Gilles Roth (CSV).-** Mä mir hunn ..., zënter '88, Madamm Kappweiler, si méttlerweil 30 Joer hier, a mir hunn 2018 awer nun emol en Datschutzgesetz gestëmmt.

An, ech muss och soen, mat därselwechter Geschicht sinn ech erschreckt, wou Dir sot, mir hu 70 Fichieren. Da wënschen ech lech bonne Chance, dass Dir fir déi 70 Fichieren e Gesetz maacht. Mä déi 70 Fichieren, déi mussen elo schonns de Gesetzer vun der Chamber entsprechen, nämlech notamment dem Gesetz vun 2018!

Et kann dach net sinn, dass hei déi Autoritéit vum Procureur général an enger Sitzung seet, wou se net invitéiert war, do huet déi gesot: Ma selbstverständlech, de Parquet ass deen Éischten, dee sech muss un d'Gesetzer halen, déi d'Chamber stëmmt an déi mir applizéieren.

Ma hei sinn d'Gesetzer! Dir hutt 70 Fichieren. Dir musst dach elo net vun der Chamber verlaangen, dass mir déi 70 Fichieren elo mussen am Detail regelen, nom Motto: „Wann Der se net regelt, da fuere mer einfach virun.“ Dat kann dach ...

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.-** Nee, mä da si mer nees bei de Moyenen. Mir kënnen jo elo net, wéi laang ass dat Gesetz elo en vigueur, e puer Méint, fir alleguerten déi ...

**M. Gilles Roth (CSV).-** Jo, jo. Nee.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.-** Nee. Mä da si mer nees bei de Moyenen. Mir kënnen jo elo net - wéi laang ass dat Gesetz elo en vigueur? - an e puer Méint alleguerten déi ...

**M. Gilles Roth (CSV).-** Jo, nee.

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.-** ... Fichieren do elo parfaitement à jour an d'Gesetz ëmgëssat hunn. Dat ass einfach just net méiglech.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Also ech soen lech just ganz einfach: Mir ginn et elo op hei. An da muss d'Chamber ebe gegebenenfalls zu deem Zäitpunkt op déi Mëttelen zrëckgräife wéi dat do. Well dat hei ass eng Chape de plomb. Hei gëtt einfach gemaach: Blockt et of, blockt et of, blockt et of! Hei seet e President vun dem Statsrot, dass déi Saachen ...

**Une voix.**- Nee!

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler, ancienne Présidente de l'autorité de contrôle.**- Nee!

**M. Gilles Roth (CSV).**- De fréiere President vun dem Statsrot seet hei, dass déi Saachen net ginn. An et gëtt monter weidergefuer. Dat kann dach an engem Rechtsstat net sinn.

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Also.

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Däerf ech d'Wuert huelen, Här President?

**M. Charles Margue (déi gréng), Président de la Commission de la Justice.**- Natierlech dierft Dir d'Wuert huelen, wann Der schonn esou ugeschwat gitt.

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Merci. Merci, Här President. Ech wëll präziséieren, ech sinn hei als fréiere Procureur général d'État adjoint, fréiere President vun der Autorité de contrôle 17 ...

**M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, entschëllegt. Jo.

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- ... bis an de September 2016 an a soss guer kenger Qualitéit. Merci.

Da wëll ech e puer Präzisiounen ginn. Déi Fro vun dem Archivage, also vum Weitertraitement vun Donnéeën, déi am Casier fort sinn, do gëtt d'Reglement vun 1992 eng Äntwert. Dat kann een elo kritiséieren oder net. Fir mech perséinlech geet et ze wäit. Mä et gëtt eng Äntwert, déi seet: Dat muss an eng speziell Partie archivage kommen.

An d'Schwieregkeet ass déi, datt an deem Fall vun 2014, wou dat do opgetaucht ass, och an anere Situatiounen an ech fäerten och méi oft, wann där Enquêtes de bonne conduite et

moralité gemaach ginn, wou gesetzlech Basisse besti bis haut, datt dann déi Donnéeën, wär et vill méi schwéier un déi ze kommen an der Partie archivage. Déi sinn awer net do dran.

Dat heescht, d'Schwieregkeet ass déi, datt déi an enger Partie operationelle documentaire weider traitéiert goufen, mä se hätte missen eriwergoen. Do war dann d'Äntwert vun der Police, a mir hunn déi Problematik scho virun 2014 x-mol ëmmer opgeworf, datt déi Répartition tripartite net esou propper do stoung, wéi d'Reglement vun 1992 dat virgesinn huet.

An am alleréischte Rapport 2003 gëtt scho gesot: Dir musst dat esou opbauen. Well si haten eppes ganz anescht virgesinn. An dunn hu mir gesot: Dat do geet guer net, dat kënn Der net esou maachen. An dunn hu se da versprach, se géifen d'Logik vum 1992er Règlement anhalen. A se hunn eis dat all Kéier erëm verzielt. Mir hunn awer festgestallt, datt dat net esou war.

Dat, wat si ons gesot hu vun der Police, war: Mä Dir beim Parquet - déizäit war ech um Parquet - gitt ons och net de Feedback. An et ass iwwer Jore versicht ginn, an Der fannt och Referenzen am 2013er Rapport dorop, fir eng Commission mixte ze schafen, de Ministère de la Justice war och dodra mat implizéiert, fir effektiv dee Flux d'informations ze kréien. Dat ass och ni richtig zum Droe komm.

D'Schwieregkeet war déi, datt déi Tripartitesrepartitioun, déi am 1992er Règlement dra war an déi u sech gutt ass, an der Praxis net esou fonctionnéiert huet an datt si an der Police och eppes anescht am Kapp haten, wat se 2002/2003 scho gewisen hunn, well se dat wollte maachen.

An dann hutt Der ... Dat ass och net ernimmt ginn de Moien, et ass e Projet de règlement grand-ducal gi vun 2007/2008, deen am Sand verlaf ass, wou mir vun der Autorité de contrôle, den Här Lallemand déizäit, x-mol och a Viraarbechten derbäi waren, fir ze weisen, datt mir och matgeschafft hunn. Mir ware mëttegerlaang do, mir souze mat der Police zesummen a mir hunn ëmmer d'Alarmklack gezunn, all Kéiers, well mir gemierkt hunn, datt d'Police ganz wäit wollt goen. Mir hunn ëmmer d'Alarmklack gezunn.

Eis ass och net weider nogelauschtert ginn, well de Projet, wéi e komm ass, huet net dat erëmgespigelt, wat mir als Iddien do ubruecht haten. An dee Projet ass no engem negativen Avis vum Statsrot, wou ech awer net derbäi war, wëll ech och erëm eng Kéier präziséieren, am Sand verlaf. Deen ass net méi komm. Dat war 2007/2008. Fir ze soen, déi Thematik do

ass eng Permanenz gewiescht iwwert déi ganz Period. Et ass opgefall an zwee, dräi konkrete Fäll, déi zitéiert sinn an de Rapporten 2013/2014.

**(Interruption)**

Mir haten eng aner Geschicht, dat kann ech och soen, dat war, datt bei engem Jonken, dee Kandidat war, fir an d'Police schaffen ze goen, op eemol Donnéeë vu sengem Casier jeunesse do waren. Voilà!

**M. Gilles Roth (CSV).**- Dat ass eng Affär, déi ass op dem Verwaltungsgericht.

**M. Georges Wivenes, ancien Président de l'autorité de contrôle.**- Voilà, genau. Voilà. Jo!

**M. Gilles Roth (CSV).**- Um Gericht ass déi jugéiert ginn 2016. Wat jo och ... Mir hunn dat schonn hei gesot, firwat dat aberrant ass. Do ass ee Jong, fir déi Affär ze huelen, - d'Urteil ass public, dat kann also jiddwereen noliesen -, deem hat 12 oder 13 Joer. Dunn ass deem ... A senger Schoul war deem ...

An enger Geschicht ass säin Numm zitéiert gi wéinst Harcèlement moral vun engem anere Kolleg, deem an där Schoul war. Et huet sech awer herno erausgestallt, dass dee spéidere Kandidat fir an d'Police guer net Auteur war vun deem Harcèlement moral, mä säin Numm ass einfach ënner anere gefall. An dat huet mat sech bruecht, dass herno, wéi e sollt bei d'Police kommen, a sengem Repertoire fichier mineur nogekuckt ginn ass vun 12 bis 13 Joer, fir ze soen: Dir sidd net zoulässeg, fir an d'Police opgeholl ze ginn. An dann huet d'Verwaltungsgericht a senger ganzer Sagesse ... An ech mengen, dass dat richteg ass. Dat muss dach d'Rechtsempfanne si vun engem normale Bierger. Et brauch een net sechsmol studéierte Jurist ze sinn, fir dat do als Recht ze empfangen.

Et kann dach net sinn, dass, wa Leit iergendeng Dommheet gemaach hunn, wou se emol net schëlleg derfir sinn, wou se emol net schëlleg sinn, mat 12, 13 Joer, dann hir ganz Carrière blockéiert ass. Dat heescht am Kloertext, wa mir dat hei elo kucken: Et ass een, deem d'Première gefeiert huet, dee bei deem an der Klass war, da schreift iergendee Polizist: « Il a uriné sur la voie publique. » Ob en et war oder net, dann ass dat dran. Da mellst dee sech no fënnef Joer fir an d'Magistratur oder bei de Stat. Oh, da gi mer emol kucken, wat deem seng Moralitéit ass. Entschëllegt, Diplomatie niet, Magistratur niet. Fonction publique an engem Ministère, Statsministère, Finanzministère: Hmhm, deem do, deem huet kee gudde Leumond, elo ass e fort. Mä dat kann dach net sinn.

A fir ofzeschléissen, et ass zwar elo schonn zéng op eelef, Här President, ech hätt gäre vun der Madamm Larsen eng kloer Äntwert, ob si haut vun der CNPD dee Formulaire de réclamation op hiren Internetsite setzen, jo oder neen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- D'Madamm Larsen, wannechgelift.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Jo, et ass scho geschitt. Et ass e Formulaire de réclamation op eisem Site an en ass och kengesfalls verstoppt. Wat mer nach hunn, dat hunn ech virdu gesot: Mir hunn e Modellbréif, deen ee ka benotzen, fir säin Droit d'accès bei der Police an aneren Instanze geltend ze maachen. An ech si ganz frou, datt de Chaos Computer Club deen dann nach opgeschafft huet, datt dee sech och automatesch ausfëllt.

Wann et ze schwierig ass oder wann et estiméiert ass, datt dat noutwendeg ass, datt mer d'Lettre de demande d'accès sollen informatiséieren, soudatt d'Leit kënnen hir Donnéeën aginn, esou wéi se et beim Chaos Computer Club maachen, an da fäerdeg ausprinten, amplaz et manuell anzesetzen, da kënne mer dat och maachen. Mä dat geet wahrscheinlech net haut, mir müssen do mam CTIE zesummeschaffen, fir d'Formularen ze schreiwen.

Mä op déi alleréisch Fro: De Formulaire de réclamation, deen ass do, dee war vun Ufank un, wéi d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, an där Form do. An dee kann zu all Zäitpunkt verwent ginn. Wann déi interesséiert Persoun säin Droit d'accès exerzéiert huet an en net genuch Informatiounen krut an doropshi wëllt reklaméieren, da kann e bei eis kommen. Mä e muss de Schrëtt fir d'Éischt bei der Verwaltung maachen, selwer.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Dir kënnt dach elo net de Formulaire ... Hei geet et jo, wann ech lech elo richteg verstanen hunn, ëm d'Reklamatioun. Mä kënnt Der dann net e Formulaire dropsetzen ...

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ech hunn ee Kompromëssvorschlag.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Ja?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Ja, Här Goergen?

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ech hunn do e Kompromëssvorschlag.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Op Ärer Startsäit kënnt Der einfach aktuell Informatiounen drasetzen. Do hutt Der den 18.6. den Eurobarometer. Wann Der einfach eng News géift do pushe mam haitegen Datum: ...

**M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

**M. Laurent Mosar** (CSV).- Voilà, dat ass eng gutt Proposition.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- ... Do an do ass dee Formulaire mat engem Download. Da brauch een net iwwert d'Navigatioun oder soss eppes sichen ze goen. Ech mengen, d'CSV ass domadder zefridden, well da jiddereen et direkt op der CNPD-Säit gesäit.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- An Dir braucht just eng Newsmeldung ze maachen. Also dat hält fënnef Minutten.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Tipptopp. Merci fir d'Recommandatioun.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Sidd Der da bereet, dat haut ze maachen?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- D'Madamm Kappweiler wollt nach ...

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Jo, ech wollt just ganz ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Pardon, d'Madamm Larsen an där do Saach.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Madamm Larsen, mir sinn Demandeur, fir dass dat, wat den Här Goergen lech proposéiert huet, dat heescht eng Newsletter mat dem Formulaire, nach haut dropkënnt.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Eng Pushnews.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Einfach op déi éischt Säit.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Einfach op déi éischt Säit.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- U sech ass d'CNPD eng neutral Autoritéit. Jiddwereen huet deeselwechten Zougang zu eis a mir hunn och géintiwuer vun den 80.000 Clienten, fir et esou ze nennen, méi oder manner déi nämlecht Pouvoiren. Mir hunn ... Är Ufro ass jo e puermol komm. Mir sinn der Meenung, mir hätten eis Missiounen erfëllt. Mir fannen et e bësse bizarre, wa mer elo extra fir d'Police sollten e Bréif do virbereeden. Da géife mer och gär ee fir d'Douane maachen an da vläicht fir d'Inspection générale de la Police och een, well déi iwwerwaache mer och. A wou fänke mer un, wou hale mer op? Mir haten am Fong festgehalten, datt mer net kéinten eng Autoritéit un de Pranger hänken, well et awer eng Présomption d'innocence och ...

**M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, fir d'Chamber.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- ... fir eng Police gëtt.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Also, Här President, ...

*(Interruption)*

... entschëllegt nach eng Kéier. Nee, nee, nee. Dat, mengen ech, geet awer elo hei ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Dir hutt jo awer elo eng positiv Äntwert kritt, mer hunn ee Kompromëss fonnt.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Jo nee, mir hunn eng pos...

**Mme Diane Adehm** (CSV).- Et ass keng positiv Äntwert.

**M. Gilles Roth** (CSV).- Dat do ass eng auswäichend Äntwert. Wann ee Land sech ...

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Mä Dir krut eng ...

**M. Gilles Roth** (CSV).- ... an d'Bierger am Land ... Wann d'Bierger am Land sech awer, mengen ech, iwwert déi lescht dräi Woche Froen doriwwer stellen, ech weess net, ob Dir net dorëmmer kommt, ech ginn dovun aus, mä duer wou ech kommen, schwätzen d'Leit mech dorobber un. An ech soen lech och, wat d'Leit dobausse soen: „Dat ass eng Sauerei, wat do mat de Bierger geschitt.“

A wann dann d'Demande kënnt vun, mengen ech, elo schonns, wann ech kucken, d'Piraten zu zwee, 21 vun der CSV, ech kéint mer virstellen, d'ADR och, da si mer schonn zu 25 (veuillez lire: 27) a mat deene Lénke si mer zu 29.

Hei sinn 29 vu 60 Deputéierten, déi déi dote Fro stellen. An d'CNPD huet och an hiren Aufgaben, datt se d'Chamber sollt conseilléieren. A wann dann déi Demande kënnt, da muss ech lech soen, da gesinn ech d'CNPD riichteraus gesot éischer als verlängerten Aarm vum Polizeiminister, well wéi de Polizeiminister gefrot huet, fir e Rapport ze schreiwen, du war do kee Problem.

A wann d'Chamber freet, dass en normaalt Recht, wat esouguer am Gesetz steet, sollt exerzéiert ginn, da gëtt näischt gemaach oder et gëtt sech geduckt, fir nëmme ronderëmzekommen.

Wat ass dann de Problem, fir dat, wat den Här Goergen elo proposéiert huet als Kompromëss, dropzesetzen?

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Här Lallemand.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Bon, ech sinn e bëssen erschreckt, wa gesot gëtt, mir wieren de verlängerten Aarm vum Policeminister. Ech mengen, am Gesetz steet dran, mir beroden d'Chamber, d'Regierung an all aner ëffentlech Instanzen. Dat maache mir iwwer Avisen oder wa mer elo wéi haut geruff ginn, da sti mer Ried an Äntwert. Wann ech kucken, d'Chamber huet eis an deene 15 Joer eemol en Avis gefrot, eemol! Soss ass ëmmer d'Initiativ vun der Regierung komm. Mä d'Chamber huet zu all Zäitpunkt d'Recht, eis Avisen ze froen. An do ass et net, dass mir da géifen nee soen. Ech mengen, dat ass an eise Missiounen dran.

Wat elo de Formulaire ubelaangt, Dir hutt den Artikel 9 zitéiert. Dat ass e Formulaire de réclamation, wéi d'Madamm Larsen gesot huet, wann ee géint e Responsable du traitement

wëllt eng Plainte maachen, eng Reklamatioun, dat hu mer drop. Mir hu säit längerer Zäit eng Lettre modèle op eisem Internetsite, fir säin Droit d'accès auszeüben. Mir hunn do elo nach een extra gemaach, fir wann een dat wëllt am penale Beräich maachen. Do brauch ee just de Bréif also ofzeschreiwen, seng Adress, an da schéckt een dee fort. Wat solle mer nach méi maachen. Deen ass op eisem Internetsite, e war nach ëmmer drop.

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- En einfach visibel maachen, dass, wann een dropgeet, een e fënnt.

**M. Thierry Lallemand**, *Collège de la CNPD*.- Mä ...

**M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ech sinn elo während dem Gespréich, während Dir schwätzt, nach ëmmer um sichen, wou ech e fannen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Okay. Merci. D'Madamm Kappweiler wollt nach e Wuert soen.

**Mme Marie-Jeanne Kappweiler**, *ancienne Présidente de l'autorité de contrôle*.- Neen, ech wollt am Fong just eng Präzisioun gi par rapport zu deem, wat den Här Wivenes elo gesot huet, wéi e gesot huet: Jo, mam Archivage, dat huet net ëmmer esou geklappt an esou weider. Ech wëll awer do präziséieren, dass dat fir d'Police-Fichieren ass an dass dat elo net de Ju-Cha, d'Chaîne pénale vun de Parqueten, ugeet, well mir halen eis zënter dem Reglement vum 13. Juni 1988 strikt un déi Regeln, déi dodranner fir den Archivage virgesi sinn. Dat heescht, bei eis klappt dat mam Archivage zu 100 % a bei eis kritt och keen Informatiounen iwwert iergendwellech Protokoller géint Mineuren oder esou. Dat ass jiddefalls net eis unzehänken, wollt ech just kloerstellen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci, Madamm Kappweiler. D'Madamm Larsen.

**Mme Tine Larsen**, *Présidente du Collège de la CNPD*.- Mir kënnen eng News maachen zu deem Bréif. Mä mir kënnen net e Bréif maachen: Hei, deen ass fir d'Police a just dat. Mir kënnen eng News mat engem Link zu deem Bréif maachen a soen, datt een dee kann am Kader vum Gesetz iwwert d'Police/Justice verwenden. Dat kënne mer maachen.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Merci villmools, Madamm Larsen. Ech wëll och just ënnersträichen, datt ech net der Meenung sinn, dass d'CNPD de verlängerten Aarm vum Policeminister ass.

Ech soen Iech alleguerte Merci, haaptsächlech eise Gäscht, fir Ried an Äntwert ze stoen, fir vill Erklärungen ze ginn. Deenen, déi ech net méi dës Woch erëmgesinn, wënschen ech eng schéi Vakanz.

**Une voix**.- Mir hunn dach nach e Mëttwoch Kommissiounssëtzung.

**M. Charles Margue** (*déi gréng*), *Président de la Commission de la Justice*.- Mir hu Justizkommissioun nächste Mëttwoch um néng Auer an dësem Haus.

Merci villmools a gudden Appetit gewënnscht.